

*All Rechte sin ausgehalen.*

---

Verlag P. LINDEN, Letzeburg



P. LINDEN, Hofbuchdröcker, Letzeburg

---

1939

---

PERSO'NEN:

1. *Madame Bauer*, Directrice vun der Familjepensio'n  
« Ömmerfro'h ».

2. *Claire*

3. *Rita*

4. *Jeanne*

5. *Maus*

} hir Kanner.

6. *Ketty*, hirt Kummermêdchen.

7. *Madame Schreiner*

8. *Madame Weber*

9. *Madame Beautemps*

10. *Colette*, hirt Kand

11. *Joffer Groos*

12. *Joffer Klein*

13. *Fräulein Lehmann*

14. *Madame Lorang*

15. *Germaine*

16. *Lili*

17. *Jofferen a Kanner*

} Gäscht aus der Pensio'n  
« Ömmerfro'h ».

---

## I. AKT

*E Salon, dên ausgeraumt gött. Iwerall sti Köschten a Kirf. Wo' et me'glech aß, sin d'Fotellen an de Canapé mat Hussen iwerzun. Op dem Dösch sti Glieser, de' agepâkt gin.*

### 1. OPTRÖTT.

*Rita, Jeanne.*

RITA (*stêt op enger Träppchen an hölt e Bild erof, dobei sängt et*): So leb denn wohl, du stilles Haus, wir zieh'n betrübt von dir hinaus. Wir zieh'n betrübt und traurig fort, noch ungewiß an welchen Ort.

JEANNE (*aß am gâng Glieser anzepâken, bei de leschte Wieder le'ßt et sech op e Stull falen a schluxt*).

RITA. A wât aß laß do önnen? (*'T klömt erof.*) Jê, jê, Jeanny, se' dach verstänneg. Du hues onsem âlen Haus schon eso' vill nogekrasch, daß ech mech wirklech froen, wo's de de' Tre'nen nömnen all hirhöls.

JEANNE. An ech froe mech, we's du dech doriwer kanns löschtég mân. Dêt et dir dann net lêd, daß mer onst Hêmechtshaus müsse verlossen, un dêm eso vill sche'n Erönnerrongen hânken? Daß geschwö friem Leit durch de' Kummere gin, wo' mir ons glêcklech Kannerdeg verbruecht hun?

RITA. 'T fällt mir vleicht eso' schwe'er ewe' dir.  
Mä ech hu Gott sei Dank e Charakter, dê vill  
e'schter mam Liewe fierdeg gött.

JEANNE. Jo, du hues d'Welt nach ömmer öm  
d'O'here geschlon.

RITA. A sie aß net me'h bosseg dovu gin. 'T huet  
ên dach eso' vill vum Lâchen ewe 'vum Kreischen.  
Oder soll ech och nach dorömmen gohen, we'  
wann d'Henger mer d'Bro't geholl hätten? Gewöß,  
't wär mir jo och le'wer gewiescht, mir hätten  
onst Verme'gen net an dem Bankkrach verluer,  
a mir könnten an dem âlen Train viru fuehren.  
Mä, glêw mer es, Jeanny, wann de' Débâcle onst  
Liewen och an aner Bunne lêt, wöllt ech ower  
net mat dem Bankier tauschen, dê de Ruin vun  
eso' vill Familjen um Gewössen huet. (*'T stellt  
d'Lêder op de' aner Seit an hölt och do e Bild  
erof.*)

JEANNE. Domat hues de jo recht. Mir hu we'-  
negstens onsen e'herlechen Numm behâlen a könne  
jidfer Mönch frei a frank an d'Ae kucken. Ech  
ge'f mech jo gier mat onser neier Situatio'n of-  
fannen, ge'f nach gier fir d'dêglecht Bro't schaffen,  
wa mer net braichte vun hei fort ze gohen.

RITA. 'T huet sech ower kên aneren Auswê fond.  
Mir können nach vu Glêck schwätzen, daß mer  
dêmons dem Bonpapa seng Villa zu Iechternach  
net verkâft hun. Hei an der Stâdt wär et onme'g-  
lech gewiescht eng Familjepensio'n unzufänken, well  
de' Friem vill le'wer an en Hôtel gin. Mä an engem  
Touristenzenter we' Iechternach, wo' d'Gâscht sech  
me'h lâng ophalen, leit d'Sâch scho ganz anescht.

JEANNE. Wa mer alt nuren rêuusse'ren.

RITA. Wien neischt wot, dê neischt wönt. Mir hu  
scho vill errêcht, daß onse Plang d'Mama aus hirer

Apathie geraß. Mä natirlech, aplätz daß du hir Kurâsch mâche solls, lêfs de de ganzen Dag mat verkraschenen Aen dorömmen, daß sie schließlech selwer mengt, dât Plönnere wär den Ufank vum Enn. (*T stöpst d'Biller of a wëckelt se a Pobeier.*)

JEANNE. Elo iwerdreiws de nês we' ömmer.

RITA. Ech iwerdreiwe guer net. Huel dech öm Gottes Wöllen e we'neg me'h zesummen. Kuck onst Clärchen. Dê bruske Changement an onse Finanzen huet hat dach secher am schwe'erste getraff. Mat engem Ku aß him sei sche'ne Liewensberuif a sei jonken Dram vu Le'ft a Glëck zerste'ert gin. Le'ßt hat dofir de Kapp hänken? Nën, am Ge'gendël. Sei löschtege Charakter a sei gesonten Humor hun ons iwer all de' donkel Stonnen ewech geholleft, an eso' aß hat d'Sonn vum ganzen Haus bliwen.

JEANNE. Soll d'Claire iwerhâpt nach un dê jonge Müller denken? Zönter daß et vu Pareis eröm aß, huet et nach mat kengem Wuert un de' Zeit erönnert, de' sie zesummen op der Universite't verbruecht hun.

RITA. Dât aß mir de beschte Beweis, daß et de' gro'ß Déceptio'n nach net vergieß huet. Un eso' Wonne re'hert ê net. Setz dech iwregens a sei Fall. E jonge Mönch, dên et Dag fir Dag am Restaurant vun der Cité getraff, dên de' selwegt medezinesch Studie gemâcht, an him oft ze verstoe gin huet, si ge'we spe'der Hand an Hand durch d'Liewe gohen, wor dem Claire dach me'h ewe' en einfache Komerod. An eso' en Typ ze'ht sech o'hni weideres zerëck, eso' bal we' e Wand dovü kritt, daß aus dem reichen Dr. Bauer senger Duechter en aremt Kand gin aß.

JEANNE. En hât dem Claire dach nach eng Ke'er vu Pareis geschriwen.

RITA. Jo, eso' eng Art Condoléancebre'f, woran e bedauert, daß hat seng Studien huet missen ofbriechen. Mä, kê Wuert vu Le'ft, kê Sätz, dên him seng Trei versichert hätt. Op eso' en armse'legt Schreiwes konnt d'Claire selbstverständlech keng Äntwort gin. Dât wor et sech a sengem Numm schölleg.

## 2. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Claire.*

CLAIRE (*am Hutt a Mantel*). A wât stit der hei Dribsal op de No'ten ze blosen?

RITA. Fro nach! D'Jeanne huet onsem âlen Haus nês e Po's nogelaut, an du hun ech gesicht em Raison beizebrëngen.

CLAIRE. 'T huet vill genotzt, we' et schengt. Dir mâcht jo alle be'd e Gesîcht ,we' wann der êr gutt Deg begruewen hätt. (*'T dêt sech aus.*) A wât gött da soß Neis? Aß nach kê d'Haus kucke kom?

JEANNE. Bis elo nach net. D'Annonce stong jo de Mötteg ere'scht fir d'e'scht an der Zeidong.

RITA. Ech mengen, mir mißten dach de Chauffage mâche loßen, soß hu mer onst Haus nach vleicht lâng eidel ston.

JEANNE. D'Leit gin ower och vun Dag zu Dag me'h exigent. De Chauffage, en agebaut Buedzömmen, eng Terrasse, oder we'negstens e Balcon, de Lift a wo' me'glech nach e Frigidaire. Dât gehe'ert haut alles zu engem moderne Quartier.

CLAIRE. Geschwö froen d'Mammen, ir s'en Haus lo'nen, nach eng schröftlech Garantie, daß hir Mêdercher och all e Mann dra kre'en. (*Of.*)

JEANNE. Onst Claire aß wirklech ênzeg, 't könnt ên et bal beneide fir seng gutt Laun a sein Humor.

RITA. Jo, ech wöllt alt, du âlt Traulich hääß nömme  
d'Halschecht dervun, dann hätt der es nach allen  
zwê genuch.

### 3. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Claire.*

CLAIRE (*an der Schieb, mat enger Valiß*). A we'  
gêt et dann hei mam Apâken?

JEANNE. De Porzellain aß endlech all verstaut,  
bis op dât, wât mer des Woch nach brauchen.  
Elo si mer um Kristall.

CLAIRE. Wât mengt der, solle mer d'Ecrinen mat  
de Couvèren net an des Valiß lêen?

RITA. D'Idi aß net schlecht, d'Valiß le'ßt sech zo-  
spêren, an da si mer secher, daß ons beim Plôn-  
neren neischt ewech könnt.

### 4. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Maus.*

MAUS. Clairchen!

CLAIRE. Wât wölls de, Mausi? Mir können dech  
elo net gebrauchen.

MAUS. Oh, ech hâlen iech och net lâng op. Sot  
mer nömme e Sâtz mat Glück.

CLAIRE. Dât Wuert hu mir aus onsem Lexikon  
gestrach.

JEANNE. Clairchen! — Glück und Glas, wie leicht  
bricht das.

RITA. Jeder ist seines Glückes Schmied.

CLAIRE. Quatsch! Dât glêws du jo selwer net.  
Nê, Mausi, schreiw du eso': « Glück hat nur der  
Dumme. Der Kluge wird niemals das Glück er-  
reichen, denn das Glück ist ein Rindvieh und sucht  
seinesgleichen ».

MAUS. Mä, Clairchen, wât ge'f d'Mère Lucie soen, wann ech domat an d'Scho'l ke'm? (*Zieht op de Fangeren.*) Glück — und Glas — wie leicht — bricht das — 7 Wierder. (*Zieht weider, me'h lues.*) Da schreiwen ech le'wer: « Jeder ist seines Glückes Schmied », dât sin nömme 5 Wierder. (*Of.*)

### 5. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Maus.*

RITA. Ech wês jo net, wien dât Gedicht vum Glück verbrach huet, mä, wann et wo'her wär, abê merci, da le'fen ower vill Rëndve'her dorömmen.

CLAIRE. Dêr lafen och leider vill ze vill dorömmen. Oder mungs de vleicht, d'könnt ên z. B. d'Meyesch Mariette, dêm alles am Liewe gere't, zu enger aner Catégorie ziehlen?

JEANNE. Oh, we' charitable!

CLAIRE. 'T aß ower nömnen d'Wo'erecht. 'T wor ömmer d'Lescht an der Scho'l an de Gaudi vun der ganzer Klaß we'gent sengen onme'glechen Äntwerten. Mä haut aß d'Mariette eng reich Joffer, de' eng brilliant Partie mecht, un dofir d'Nues eso' he'ch an d'Lûcht streckt, daß ên ömmer Angscht huet, 't könnt em dra rênen.

RITA. Vor meinen Freunden bewahre mich, o Herr, vor meinen Feinden will ich mich selbst bewahren.

CLAIRE. A well ech d'Onglëck hun, e puer Kaner aus sengem Bekanntekrês Nostonnen ze gin, gêt d'Mariette an der Strôß lanscht mech, we' wann et meng Fiseminn a sengem Liewen nach net gesin hätt.



6. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Maus.*

MAUS. Jeanny! (*'T hält d'Hand widder d'Gesicht.*)

JEANNE. Baß du Plogêscht schon eröm do? A wât aß dann elo laß?

MAUS. Ech hu meng Zänn eso' we'h.

CLAIRE. Da gin ech der e gudde Rot. Huel de Mond voll Wâßer a setz dech op den Uewen, o'hni dech ze re'heren, bis d'Wâßer ufänkt ze kachen. Dann aß d'Pëng ewe' ewech geblosen.

MAUS (*kreischereg*). Wât baß du emol ênt. Du kanns weider neischt we' de Geck mat engem mân.

RITA. Jê, jê, Mausi, spill net gleich d'gekränkt Liewerwurscht. So mer le'wer, mat wât fir engem Wuert der nach e Sätz ze mân hutt.

MAUS. Freude.

JEANNE. Geteilte Freude ist doppelte Freude.

CLAIRE. Aber eine geteilte Wurst ist nur eine halbe Wurst.

MAUS. O dû!

RITA. A wât drëckt dech soß nach?

MAUS. Blume.

RITA. Du göß der ower och guer keng Me'h, mir hun ons Aufgab ömmer eleng gemâcht.

MAUS. Wât soll ech dann dovu schreiwen, ech si presse'ert.

RITA. Hei elei, d'Joffer aß nach ewell presse'ert. Da loß mech emol nodenken. Oder mungs de, ech braicht d'Sätz nömnen eso' aus dem Arem ze röselen? Es ist kein Pfad der Welt so steil, daß ihn nicht Blumen schmücken.

MAUS. Es ist kein Pfad der Welt so steil, daß ihn nicht Blumen schmücken. (*Zwêmol, 't spréngt dem Rita öm den Hals.*) Merci, Ritachen, du baß dât Bescht, dât an denger Haut stecht. Elo sin ech fêrdeg.

RITA. Ech ower nach net. Da lauschter dach! Nur das bleibt unser Teil, daß wir sie pflücken.

MAUS (*am Fortgohn*). Oh, mat der Halschecht gêt et och schon dur. (*Of.*)

### 7. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Maus, spe'der d'Madame Bauer.*

CLAIRE. Nur das bleibt unser Teil, daß wir sie pflücken! Hues de gehe'ert, Jeanne? Dât aß och fir dech gemênt.

JEANNE. Wann ên d'Blummen ower net geseit?

RITA. Jo, wie seng Usprech ze vill he'ch schrauwt, an ömmer op dât gro'ßt Glëck wart, dât vleicht nie könnt, hölt de' kleng Frêden net me'h enuecht, de' och dât aremst Liewen we' e goldene Fuedem durchze'hen.

JEANNE. D'Madame Sagesse könnt nês un d'Philosophe'eren. Loß mech wannechgeliff't mat dengen Theorie verscho'nt. Ech hât schon nie Goût derfir, an elo nach we'neger we' jê.

CLAIRE. Kanner Kanner, pas de scène de famille en public!

JEANNE. Dir âl Spottvullen do. Ka vleicht ê mer soen, op mer nach Holzwooll iwreg hun? Dât wâr mer elo le'wer we' all êr Friedegten. Ech braicht der nach e we'neg fir d'Gliester hei ze kalle'eren.

RITA. Et stêt nach eng ganz Köscht voll am Keller. (*D'Jeanne of.*)

Madame BAUER (*könnt eran, sie schwätzt midd a schle'ferech*). Gêt et alt e we'neg viru mat êrer Arbecht, Kanner?

RITA. Jo, Mama, fir e Samschteg gi mer fêrdeg mam Apâken. Da könne mer de nächste Me'ndeg scho plönneren; an d'O'schteren, wann d'Saison ugêt, aß d'ganz Installatio'n gemâcht.

Madame BAUER. Wât kann ech iech dann hei höllefen?

CLAIRE. 'T aß net ne'deg, daß du och nach Hand ulês, Mama. Ge'h le'wer e we'neg mam Mausi spaze'eren, da si mir dem Plogêsch laß, an dir schmâcht d'Ießen den Owend besser. (*D'Jeanne könnt mat engem Arbel Holzwoll.*)

Madame BAUER. Jo, êr Mamm aß nach grad gutt fir önnert d'âlt Eisen. Spaze'ere gohen oder am Fotell sätzen, weider loßt der se jo dach neischt mân.

JEANNE. Mama, we' kanns de nömnen eso' schwätzen?

Madame BAUER. Dach, dach, ech sin haut eng gebrache Fra, de' iech iwerall am Wê stêt. Firwât huet den Herrgott mech demols net geholl aplâtz de Papa? Da wären iech vill Suergen erspuert bliwen, an dir hätt o'hni mech êrt Liewen anescht arichte können.

CLAIRE. Mama, Mama, ech mengen, du gês op Komplimenten aus. Wêß de dann net, daß kêt vun ons drei sche' Wierder mâche kann? Mä, Spâß à part. Schlo der emol eng Ke'er de' domm Gedanken aus der Kopp, we 'wann dei Liewe kên Zweck me'h hätt. We' oft musse mer der da widderhuelen, daß du ons dât Le'fst op der Welt baß. (*'T lêt den Arem öm se.*) Wât ge'we mir Kanner o'hni Mamm ufänken?

Madame BAUER. Oder hätt ech dem Mononk Jules gefollecht, an nom Papa sengem Do'd en anere Placement fir onst Geld gesicht. (*D'Rita schwätzt mam Jeanne, dât of.*)

CLAIRE. Hätten an hâten, dât woren zwo' arem Stâdten. Mir müssen elo rechnen mat dêm wât aß, an net mat dêm, wât vleicht eng Ke'er hätt könne sin. Dank dem Herrgott, daß mer an der Katastrof net alles verluer hun, we' eso' vill aner Familjen. Aß onst Haus hei an d'Villa zu Iechternach net e klengt Verme'ge wert, fir dât vill Leit ons beneide können?

Madame BAUER. Gewöß, mä 't aß net genuch fir ze liewen, an zevill fir ze stierwen.

RITA. Du wers gesin, Mama, wa mer ons emol dohannen ageschafft hun, kommen och eröm besser Zeite fir ons.

Madame BAUER. Ech glêwen net drun, onse gudde Stêr huet ons verloßt.

CLAIRE. De Kapp he'ch, Mama, an net verzot. Mat Gottes Höllef werte mer et scho schâfen. Mir drei dêlen ons d'Arbecht am Haus, du brauchts dech nômmen öm d'Gäscht ze kômmeren. Aß dât dann net eng sche'n Aufgab, frieme Leit, de' e we'neg ausspâne wöllen, fir e puer Wochen e gemittlecht Hêm ze bidden?

## 8. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Jeanne, d'Maus.*

JEANNE (*könnt mat der Madame hirem Hutt a Mantel, d'Maus huet hir Posch an d'Hänschen*). Mama, onst Mausi aß scho prett. (*T höleßt der Madame Bauer sech undun.*)

CLAIRE. We' gêt et da mat dengen Zännwe'h, Mausi?

MAUS. Oh, dât aß ewech, och o'hni, daß d'Wâßer mer am Monn gekacht huet.

RITA. Gelt, eso' bal we's du deng Aufgab fierdeg hâs, du Neischnotz do. Mä, we' aß dât, du wors d'Zeidong nach net an d'Boîte sichen. (Zum Jeanne.) Haut fänkt en neie Feuilleton un.

MAUS. Wât aß dât, e Feuilleton?

CLAIRE. Dât aß dât ênzegt, wât onst Jeanne an der Zeidong liest.

JEANNE. An dêr Leit nach.

Madame BAUER. Da komm, Maus, sie wâren ons gier laß. Avoir, Kanner, bis derno.

DE' ANER. Avoir, Mama, avoir, Maus!

CLAIRE. Schëck dech gutt, Köni!

MAUS. Eso' gutt, we's du dech ömmer schëcke solls. (De' zwê of.)

## 9. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Madame Bauer an d'Maus.*

JEANNE. D'Mama gefällt mir net, sie huet haut eröm hire schwârzen Dag.

CLAIRE. 'T gêt hir we' allen nervekranke Leit. Bal klömmt de Barometer vun hirer Stömmong, bal fällt en nês. Eso' lânt mir net mam Apacke ferdeg sin, werd et kaum besser mat der Mama gohn. Bei jidder Stëck gin de' âl Wonnen eröm frösch opgeraß, eso' könnt sie nie aus hire melankolesche Gedanken eraus.

JEANNE. Hätte mer dach net vleicht besser gedon, hei ze bleiwen, an ons an der Stâdt eng Existenz ze secheren?

RITA. Wât baß du emol eng âl Sê. Ömmer könns d'eröm mat dêr selwechter Leier. Wât hätte mer dann aneshtes können ufänken?

JEANNE. Mir zwê wiren z. B. an e Büro gâng an d'Claire hätt seng Stonne beibehâlen. Da wâr jiddenfalls me'h derbei eraus komm, we' mat onser Familejpensio'n.

CLAIRE. Du schwätz ewe' e Buch. Mengs du dann, e jongt Mêdchen o'hni Büropraxis ge'f haut eso' mir neischt dir neischt eng Plâtz fannen? A wann och. Könnte mer et da verântweren, d'Mama de ganzen Dag eleng ze loßen, fir daß se nach ganz neurasthenesch ge'f?

RITA. Jo, we' huet den Dr. Lang gesot: Er Mama muß unbedêngt de Milieu change'eren. Suergt derfir, daß se eso' bal ewe' me'glech aus der Atmosphère hei eraus könnt, an eng Beschäftegong eran, de' hire Gêscht ganz an Usproch höllt, soß garante'eren ech fir neischt. Eso' si mer ere'scht op d'Idi vun der Familjepensio'n komm, an et aß menger Usicht no de' beschte Le'song. (*T schellt.*)

CLAIRE. Jeanne, ge'h emol kucke, wie geschellt huet. Da mâche mir ons alt fierdeg heibannen. (*D'Jeanne of.*)

## 10. OPTRÖTT.

### *D'Claire an d'Rita.*

RITA. Da so mer elo huerteg, we' et de Mötteg gângen aß. Bei onser Kreischpopp kann ech jo net doriwer schwätzen, soß fânt se nês un ze pinschen. Hues de d'Adieuen bei denge Schüler ewell all gemâcht?

CLAIRE. Jo, och dât wâr elo glêcklech iwerstan. Haut aß de' lescht Dir hannert all menge stolzen Drêm zo'geschloen, vun dênen och kên ênzegen sech erfôllt huet. Elo fe'hert kê Wê me'h zerêck an dât sche'nt, hoffnungsvollt Liewen, wât eso' vill versprach an eso' we'neg gehâlen huet. Nun

hêscht et e Strech öonner d'Vergângenhêt mân, an de Kurasch an zwo' Hänn huele fir lâchendes Monn enger ongewösser Zo'konft entge'nt ze gohen.

RITA. Dulde, gedulde dich fein, über ein Stündelein ist deine Kammer voll Sonne. . . .

CLAIRE. Du âlt Zitategre't, meng Sonn aß öonner gâng.

RITA. Wie wêß, wie wêß, vleicht stêt se geschwönn desto me'h sche'n eröm op. D'Glëck könnt munchmol grad dann, wann ê sech et am mannsten erwart.

CLAIRE. Mam Glaw un d'Le'ft an d'Trei hun ech och d'Hoffnong op e perse'nlecht Glëck fir öommer begruewen.

RITA (*lêt em d'Hand op d'Schöller*). Net eso', Clairchen, d'Zeit hêlt all Wonnen. An ech mengen, alt, wo' ên net me'h uechte kann, aß et licht ze vergießen.

CLAIRE. Ech hun dât och öommer gement. Ech hu mer jo honnert Mol selwer gesot: Du muß doriwer ewechkommen. Mam Vertrauen aß och deng Le'ft gestuerwen. Mä, wât wölls de hun? Eng Le'ft stierwt net eso' huerteg. Le cœur a des raisons, que la raison n'a pas, mais le cœur a raison d'avoir ces raisons là.

## 11. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Jeanne, d'Madame Schreiner.*

JEANNE. Dir muß den Zodi heibannen entschöllegen, Madame, mir sin nämlech schon um Apâken.

Madame SCHREINER (*zimlech verrösch, fe'hert en Hond un der Längt*). Bonjour, dir Jofferen, loßt iech nömnen net st'eren.

DE' ZWE. Bonjour, Madame.

Madame SCHREINER. Da komm, Flocki, sief sche' brav. Dir braucht keng Angscht ze hun, en dêt iech neischt.

RITA. Mir sin net eso' fêrtereg, Madame.

Madame SCHREINER (*kuckt opfälleg doerömer*). 'T kann ê soe, wât ê wöllt, mä, 't gêt ower neischt iwer de 'sche'n âl Patrizierhaiser, de' eso' gediegen a massiv gebaut sin. Do geseit ên nach we'negstens prachtvoll skulpte'ert Fassaden, do fündt ên nach gro'ß gereimeg Kummeren. Net we' an dêne moderne Quartien, wo' iwerall um Raum gespuert gött.

JEANNE. Hei gêt et dann an d'Salle à manger, an de' fe'hert direkt an de Gärt. Wann et d'Madame interesse'ert en ze gesin?

Madame SCHREINER. Gewöß, gewöß, da kann ech menger Fröndin och genê Beschêd soen. Dajê, Flocki, du kanns net hei wunne bleiwen. Gesitt der, dir Jofferen, hie ge'f elo am le'wsten um Tapi leien.

RITA. Den armen Hond aß midd.

Madame SCHREINER. Oh, mir hun de Mötteg och schon e gro'ßen Tour gemâcht. Bis no Stroßen an eröm zu Fo'ß an duerno nach direkt op d'Gare. 'T hât nämlech eng gutt Se'l mer eng Ne'desch ugin, de' sech zu Stroßen étable'ert huet, an nöm-men 90 Frang Fassong fir e Mantel frêt. A beim Park sin ech dunn nach enger Damm bege'nt, de' op d'Gare Fösch kâfe wor. Denkt iech emol un, dir Jofferen, do sin se 10 Sous um Ponn me'h bölleg we' an der Stâdt. Dât aß schon derwêrt, fir de Wê ze mân. Mir sin zwar vum Rên erwöscht gin, a well ech kê Prappeli hât. . . .

RITA. Hut der natirlech den Tram geholl.



Madame SCHREINER. Mä, wât denkt dir, Joffer?  
Wann ech 15 Sous fir den Tram bezuehlt hätt,  
wären d'Fösch mech jo me'h deier komm we' an  
der Stâdt. (*Mam Jeanne of.*)

## 12. OPTRÖTT.

*D'Rita an d'Claire.*

RITA. Dât aß jo eng liewech Rechemaschin. Wann  
sie alles eso' genê ofweit beim Preis vum Loyer,  
da komme mir ower schlecht ewech.

CLAIRE. Se' außer Suerg, de' huet eso' vill wölles  
ze lo'nen, ewe' ech mech d'Nei Brëck erfzewerten.

RITA. Kenns du se dann?

CLAIRE. Gewöß, daß ech d'Madame Schreiner ken-  
nen. Sie aß mat hirem Flocki eng stâdtbekannt  
Perse'nlechkêt, de' ên un all Stroßeneck mat enger  
anerer Klâtsch untrefft. Sie kennt de Stammbâm  
vu ganz Gro'ß-Letzeburg, wês a jidder Stod Be-  
schêd, kann der genê soen, wivill Verme'gen de  
Pir huet, a we' dem Pol sein Urgro'ßpapp u sei  
Geld kom aß. An engem Wuert: De rengste Ren-  
seignementsbüro.

RITA. Wât soll se da bei ons gefe'hert hun?

CLAIRE. De Virwötz huet se gestöpelt. Sie hätt  
emol eng Ke'er gier an onsen Intérieur eragesin.  
Vleicht wollt se sech och iwerzêgen, op et nach  
net no arme Jang bei ons ausgese'ch. 'T aß dêmols  
jo dât Onme'glechst iwer ons Verhältnisser an  
der Stâdt dorömmen erzieht gin. Da könnt se hire  
Bekannte soen: Nêen, wât musse Bauesch ower  
schlecht dru sin. Vun all dêne sche'ne Miwelen  
aß kê Stëck me'h am Haus.

RITA. Dann aß dât jo eng ganz gefe'erlech Perso'n.

CLAIRE. Dât net grad, mä, sie huet en dönne Mond  
a bekömmert sech zevill gier öm alles, wât se  
neischt ugêt.

### 13. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Jeanne, d'Madame Schreiner.*

Madame SCHREINER (*könnt mam Jeanne eröm  
eran*). Wât eng wonnersche'n Westminsterauer hut  
der dobanne stohen. De' ge'f mer och scho gefâlen,  
an dir wärt vleicht fro'h, fir mer se ge'nt en  
uerdentleche Preis ofzotrieden. 'T ke'm mer net op  
e puer honnert Frang un. Ech sin nämlech e  
gro'ßen Amateur vun antike Miwelen.

JEANNE. Mir och, Madame, de' Auer aß nach  
grad en Ierwstëck vun onse Gro'ßelteren. De' aß  
ons fir alles an der Welt net fêl.

Madame SCHREINER. Oder dên âle Secretär do.  
Wann ên an e Quartier plönnert, gött munches  
iwerflösseg, wât ên an engem gro'ßen Haus gutt  
gebrauche konnt. Da wär et jiddenfalls me'h avan-  
tageux fir iech, de' wêrtvollst Miwelen önnert der  
Hand ze verkafen, ewe' op enger Stê. Do gin  
d'Sâchen dach nömme fir en Apel an e Stëck Bro't  
iwer.

RITA. Mir denke guer net drun, och nömmen ê  
Stëck vun onser Arîchtong ze verkâfen. Am Ge'gen-  
dêl, mir müssen ons nach selwer nei Miwelen  
uschâfen, well mir d'Fre'hjohr eng Familjepensio'n  
ufänken.

Madame SCHREINER. Hei an der Stâdt?

RITA. Nên, zu Iechternach. Ech soen iech dât ganz  
am Vertrauen, an ech ge'f iech bieten, kê Gebrauch  
dovun ze mân. 'T wär ons ganz pénibel, wann  
et vrun der Zeit önnert d'Leit ke'm. Eso' guer ons  
Bekannter wössen nach neischt dovun. Mir wollten

sie vrun e fait accompli stellen, fir all gudde Rot aus dem Wê ze gohen.

Madame SCHREINER. Domat gin ech iech vollkomme Recht. An dir könnt selbstverständlech op meng Discrétio'n ziehlen. Avoir, dir Jofferen, an neischt fir ongutt, daß ech iech ömsoß dêrange'ert hun. (*Mam Jeanne of.*)

DE' ZWE. Avoir, Madame.

#### 14. OPTRÖTT.

*D'Claire an d'Rita, spe'der d'Jeanne.*

CLAIRE. Firwât hues de dêr friemer Perso'n ons Plange verroden, wo's de dach wêß, daß sie de Mond net hâle kann?

RITA. Sie soll en och guer net hâlen. Me'h bölleg könne mer net un eng Reklam kommen. (*D'Jeanne könnt eran.*)

CLAIRE. Hues de dein interessante Besuch ofgeliwert? Gewe'nlech gêt et net eso' hurteg mat hir.

JEANNE. Oh, sie hätt nach gier eng Causette an der Hausdir ugefâng, wann ech drop agânge wir. Kanner, Kanner, wât huet de' Perso'n eng Schneid! De' muß jo owens de Mond verrenkt hu vum ville Schwätzen.

CLAIRE. An du baß mat er fierdeg gin, dêr och de beschten Affekot net gewueß aß?

JEANNE. We's de geseis. (*'T schellt.*) Elo kann emol ênt vun iech Portier spillen. Ech gin ons hurteg eng gutt Tas Kaffi mân. De' hu mer de Möttech sauer genuch verdängt. (*Mam Rita of.*)

#### 15. OPTRÖTT.

*D'Claire eleng, spe'der d'Rita, d'Madame Weber.*

CLAIRE. Wann dât sech eso' drun hält, daß all Minutt en aner un der Schell hängt, abê merci, da

kann et jo sche'n hei gin. Hätten se mir dach nömme gefollegt, an nom Plönneren onsem Homme d'Affaires d'Sâch an d'Hand gin, da wäre mer we'negstens de' läscht Dêg ro'heg gewiescht. Eso' aß ê jo a sengem êgenen Haus net me'h dohêm.

RITA. Hei wär dann onse Salon, Madame, an dohannert leit d'Salle à manger.

Madame WEBER. Bonjour, Joffer! (*Fir sech.*)  
Wie vun dênen zwê soll nun d'Claire sin?

CLAIRE. Bonjour, Madame.

RITA. Wann der iech wöllt dovun iwerzêgen, we' gro'ß d'Salle à manger aß.

Madame WEBER. Oh, ech bieten iech, Joffer, be-me'ht iech net weider. 'T huet jo dach kênen Zweck, daß ech de' aner Kummeren och nach gesin. Wann der d'Haus net dêlweis verlo'ne könnt, aß jo leider neischt ze mân. 'T aß wirklech schued, d'Lag ge'f mer gutt gefallen, an de Rez-de-chaussée aß och grad, we' ech mer e gewönscht hätt.

RITA. En aß ower net ofgeschloß, Madame, an och den e'schten an den zwêten Stack sin net age-rîcht, fir ênzeln verlo'nt ze gin.

Madame WEBER. Wann de Loyer mer och net ze he'ch wär, wößt ech dach net, wât mat engem ganzen Haus ufänken. Ech si mat engem Fils eleng, an dênen aß einstweilen nömmen an der Vakanz dohêm. 5—6 Zömmen, me'h eng gro'ß Wunneng brauch ech net.

CLAIRE. Dir mußt ower verston, Madame, daß et ons le'wer wär, nömmen ê Locataire fir d'ganzt Haus ze fannen, zemol mir selwer net an der Stâdt bleiwen.

Madame WEBER. Dann aß et wirklech wo'her, daß der no Iechternach gitt? 'T huet nämlech elo grad

eng Damm zu mir gesot, dir hätt wölles, do eng Familjepensio'n ze grönnen. Ech duecht nach ewell, sie wär iwel berîcht.

RITA. Ganz a guer net, Madame. Sie woßt et eso' guer aus e'schter Quell. 'T sin nach keng 10 Minuten, daß ech er et am Vertraue matgedêlt hun.

Madame WEBER (*lâcht*). Oh, dir mußt der Madame Schreiner dât net eso' iwel huelen. Sie aß alt eng gespre'cheg Se'l, de' gier mat Neiegkête fêl gêt. Mir huet se zwar e gro'ßen Dêngscht domat gelêscht. Ech hätt dest Jahr eso' we' so' meng Vakanz hei am Land zo'bruecht. Da kann ech och grad eso' gutt no Iechternach gohen ewe' no Mondorf oder Clirf.

CLAIRE. Dir sitt se'her genti, Madame, dobei un ons ze denken. Dir könnt secher sin, mir werte schon onst Me'glechst mân, fir daß der iech bei ons we' dohêm fillt.

Madame WEBER. Dorun zweiwelen ech net. Wo' eso' le'f jong Kanner an engem Haus sin, muß et jo löschtég op an zo 'gohn. Ech hât ömmer gier Mouvement a frösch, fro't Liewen em mech, an ech wor eso' vill eleng. Mä, elo wöll ech iech ower net weider ophalen. Soll der iech ower nach vleicht entschle'ßen, êrt Haus a Quartien ze verlo'nen, da wößt der jo, daß ech op de Rez-de-chaussée reflekte'eren.

RITA. Mir müssen ons d'Sâch emol iwerlêe, Madame.

Madame WEBER. Dir braucht mer jo nömnen e coup de téléphone ze gin oder e Wiertchen ze schreiwen: Madame Weber, Letzeburgerstroß, De'ferdeng. Avoir, dir Jofferen, bis de Summer (*Mam Rita of.*)

16. OPTRÖTT.

*D'Claire, spe'der d'Jeanne.*

CLAIRE. Avoir, Madame! (*Gêt op an of.*) Letzeburgerstroß, De'ferdeng! Da muß sie de Georges Müller jo bal kennen. Oh, we' stêt de' sche' Vergângenhêt, de' ech absolut vergieße wöll, eröm eso' lieweg vru mengem Gêsch. Soll mein Hierz dann net me'h a seng Ro'h kommen? Clairchen, Clairchen! Og d'Zänn gebaß an daper derdurch. Dech nômmen net gohe loßen, soß baß de verkâft. 'T soll jo kên am Haus wössen, we' 'schwe'er de Wê mer fällt, dên ons engem neie Liewen entge'ntfe'hert.

JEANNE (*könnt eran*). Den Dösch aß gedeckt, dir Jofferen, an de Kaffi fierdeg. Hei, du baß eleng? A wuer huet d'Rita sech da verfûßt?

CLAIRE. 'T aß mat onsem e'schte Gâscht zu Beglêd bis vrun d'Dir.

JEANNE. Onsem e'schte Gâscht? So emol, Clairchen, fuebels de oder baß de hêmlech un onse Cherry Brandy gâng?

CLAIRE. Weder dât ênt, nach dât anert. Mä, dât aß eng ganz Geschicht, de' erzieht sech am beschten, wa mer beim Dösch sôtzen. (*'T holt d'Jeanne an den Arem.*) Da komm, Jeanny, a grëng d'Sonn net eso' aus. Kuck, elo wär den Ufank vun der Familjepensio'n « Ömmerfro'h » gemâcht, elo brauch et ons net me'h bâng ze sin. A fir de Rescht — à la grâce de Dieu!

(*De Vorhang fällt.*)

## II. AKT

Eng Terrasse mat Miwelen, de' drop passen. Zwê kleng Döscher, Fotellen, Still, e Kanapé. Hei leit eng Stréckarbecht, do eng Zeidong, do e Buch asw. Op der Bühn zwo' Diren an eng Fönster.

### 1. OPTRÖTT.

KETTY (*könnt eran a schle't d'Hänn zesummen*).  
Oh Mammeli Kanner! Wât aß dât nês en Durcheinaner hei. Sie loßen ower alles stohn a leien, we' s'et grad gebraucht hun. 'T wär emol kê vun en all ömstand e Stull eröm op seng Plätz ze stellen. Dofir aß d'Ketty jo do. (*'T raumt op.*) Hei huet nach ewell eng hir Stréck vergieß. A wann de Mötteg eröm eso' e schwe'ert Wieder komm wir we' göscht, dann hätt de' Arbecht do jo sche'n erausgesin. A wât aß dât hei? (*'T hölt e Buch an d'Hand.*) Briefsteller für Liebende. Ech wetten, dât aß der Joffer Klên hirt Buch. Sie werd et wuehl erbegeholl hun, we' den Her Becker hir an d'Haus kom aß. Daß hien er et ugedoen huet, muß jo bal e Blanne gesin. (*'T bliedert dran.*) Nê, wât e Mumpitz! Nujê, wann de' âl Scheiere brennen, da brennen se bis op de Fong. (*'T gêt op de' aner Seit.*) An do leit d'«Wort» nach vu göscht. Da loße mer emol kucken, wât Neies an der Welt gött. D'Moritaten liesen ech ömmer am le'wsten. (*'T falt d'Zeidong auseaner.*) Doppelmord in Tours. . . . Do hu mer et jo. 'T stêt haut neischt me'h an der Zeidong we' dërs. (*'T liest.*)  
Gestern abend gegen 5 Uhr wurde die 56jährige

Witwe Césarine Leblanc tot in ihrer Küche aufgefunden. (*T liest lues, dann eröm hârt.*) Die polizeiliche Untersuchung ergab, daß der Mörder es auf die Ersparnisse der Frau, im Betrage von 5.000 Franken, abgesehen hatte. . . . Schrecklech! Fir de' puer lompeger Frang muß e Mönsheliewen dru glêwen. An ze soen, daß eso' e Mierder nach vleicht freigesprach gött. Ah, wann ech dê Mönsh önnert d'Hänn kriet!

## 2. OPTRÖTT.

*D'Ketty, d'Joffer Groos.*

Joffer GROOS (*mat enger Valiß*). Allo, Joffer, hut der e Moment Zeit fir mech? (*Sie sêt moment, an all franse'sch Wieder mat dem franse'schen Akzent.*)

KETTY. Och zwê, wann et muß si, Madame.

Joffer GROOS. Da sitt eso' gutt a rufft mer êr Patronne.

KETTY. D'Madame Bauer? Wann d'Madame wöllt mat an de Salon gohn, da gin ech se gleich mellen.

Joffer GROOS. Nên, nên, ech bleiwe le'wer hei op der Terrasse, 't aß haut terriblement chaud, dann étouffe'ert ê jo an de Kummeren.

KETTY (*fir sech*). Dât do aß och nês eso' e verreckten Nummer. (*Hârt.*) Do könnt ons Madame jo grad, da könnt der mat hir selwer schwätzen. (*Of, bleiwt ower am Hannergrond stohn.*)

## 3. OPTRÖTT.

*D'Joffer Groos, d'Madame Bauer.*

Madame BAUER. Bonjour, Madame!

Joffer GROOS. Bonjour, sit dir d'Directrice vun der Pension de famille « Ömmerfro'h »?



Madame BAUER. De' sin ech, wât wâr ère Begiehr, Madame?

Joffer GROOS. Den Dr. Lang huet mer, fir den état général vu menger Gesondhêt e séjour zu Iechternach ganz chaudement recommande'ert. A well hie mer eso' chaleureus Elogen iwert êrt Haus gemacht, wollt ech iech froen, op der mech nach als Pensionnaire accepte'ere könnt.

Madame BAUER. Gewöß, mir hun nach grad e sche'nt Zömmmer frei um e'schte Stack. We' läng denkt der ze bleiwen, Madame?

Joffer GROOS. Joffer Groos vu Letzeburg. (*D'Madame Bauer mecht e lichte Salut.*) Dât kann ech net viraus soen, vleicht eng quinzaine de jours, vleicht och e Mo'nt, 't hänkt ganz vun de Circumstances of.

Madame BAUER. Oh, ech hoffen, daß et iech gutt bei ons gefällt, Joffer Groos. Onst Haus mat allem moderne Confort agericht: Chauffage, fleßend Wâßer, wârm a kâl, op all Kummeren, an eng Buedzömmmer op jidder Stack. De Salon de lecture stêt iech de ganzen Dag zur Verfügung. Wöll der iech ower am Freien ausro'hen, da könn der iech hir op d'Terrasse setzen oder an de Gârt gohn, we' et iech grad am beschte paßt.

Joffer GROOS. Dât wâr jo eng ganz agréabel Perspective. Mä, hut der och we'negstens eng gemöscht Gesellschaft hei?

Madame BAUER. Ech wêß net, we' der dât mengt, Joffer. Ons Gäscht sin all aus gutt birgerlech Krêßer.

Joffer GROOS. Dir hutt meng Wierder schlecht interpréte'ert. Ech wöll nömme wössen, ob och Heren an èrer Pension de famille sin, ier ech mech fir e längeren Séjour décide're kann. Well, entre nous soit dit, 't aß neischt me'h ennuyeux we'

eng Gesellschaft, wo' nömnen Dammen zesumme sin. An ech verke'heren eso' gier mat Leit, de' en interessanten Discours hâle können.

Madame BAUER. Oh, dou werd et iech jo och bei ons net fêlen. D'Heregesellschaft aß zwar momentan net gro'ß. Des Woch aß nömnen ê franse'sche Moler hei mat senger Familjen, an dann nach e letzeburger Her, dê seng Renten zu Iechternach verziehre wöllt.

Joffer GROOS. C'est ça, Madame, dât genügt mir. Ech sin net eso' difficile. Könnt ech da vleicht e Coup d'œil op mei futur Domaine werfen?

Madame BAUER. Gewöß, gewöß! Ketty, drot der Joffer hir Valiß op Nr. 5. (*D'Ketty mat der Valiß of.*) Wann d'Joffer wöllt mat mer gohn, da fe'eren ech se gleich op hirt Zömmer. Om 4 Auer gött de Kaffi serve'ert. Bis dohin könn der scho fierdeg si mat Auspâken. (*De' zwê of.*)

#### 4 .OPTRÖTT.

KETTY (*könnt eröm eran*). Wât gin ower verjauste Fraleit op der Welt! Dât hei aß nês e Stuel à la Joffer Klên. Wann de' zwo' sech nömnen net an d'Hor kre'en we'nt dem Her Becker. A wât fir e Quatsch se zesumme schwätzt! 'T aß net franse'sch an 't aß net letzeburgesch. Sie werd och wuehl zu Pareis am Dëngscht gewiescht sin we' Schmatt's Gre'tchen. We' dât nom e'schte Jahr hêm an d'Vakanz kom aß, konnt et och bal net me'h letzeburgesch schwätzen. (*Ganz gepötzt.*) Stin sech de' Haiser an dât Befort nach ömmer op der selwechter Place, huet et geruff, kaum daß et vrun der Gare wor. An am Autobus soll et gesot hun: Chauffeur, wart e Moment, ech hu keng Mince.

5. OPTRÖTT.

*D'Ketty, d'Madame Beautemps.*

Madame BEAUTEMPS (*hannert der Bühn*). Ketty!

KETTY. Oh Mammeli Kanner, dât aß d'Madame Beau, bon, ban temps nês. D'Grujele gi mer all Ke'er zur Kopp aus, wa se mech uried. Ech hun am beschten ze verschwannen. (*Wöllt fort.*)

Madame BEAUTEMPS. Ketty, mais ne vous sauvez pas. Attendez-donc. (*Sie könnt eran.*) Ah, mon Dieu, quelle chaleur! Ketty, n'avez-vous pas vu mon tricot?

KETTY. Ge'f se we'negstens net eso' huerteg schwätzen, da könnt enaner och eppes verstohn.

Madame BEAUTEMPS. Mais répondez donc. Je ne parle pas du chinois, je suppose.

KETTY. Je, je, je ne pas, Madame Bauer est là. (*T weist op d'Haus.*)

Madame BEAUTEMPS. Je n'ai pas besoin de Madame Bauer. Je voulais seulement vous demander, si vous n'avez pas vu mon tricot... un pull-over que j'ai commencé il y a quelques jours.

KETTY. Ah, la pull-over, très bien, voilà, voilà. (*T gött er d'Arbecht.*)

Madame BEAUTEMPS. Merci, Ketty, je suis bien contente de l'avoir retrouvé. (*Of.*)

6. OPTRÖTT.

*D'Ketty, d'Claire.*

KETTY (*wöscht sech de Schwêß*). Ei, elo wär ech bal an de Schwêß kom. Net, we' wann ech kê Franse'sescht könnt. Mä, d'Wierder lafe mer ömmer lanscht de Mond aplätz dran, wann ech et schwätze soll.

CLAIRE. Ketty, wößt der net, wo' d'Madame aß?

KETTY. Sie aß vrun e puer Minute mat enger Joffer an d'Haus gäng, fir er d'Zömmmer Nr. 5 ze weisen.

CLAIRE. E neie Gäscht also, dât wär jo fein. Dann hätte mer d'Haus einstweilen eröm ganz besat.

KETTY. Oh, ech mengen, de' Joffer bleiwt we'negstens e Mo'nt hei. Sie gêt nämlech op d'Juegd.

CLAIRE. Op d'Juegd?

KETTY. No engem Mann, we' d'Fräulein Lehmann vun der Joffer Klên sêt.

CLAIRE. Ketty, wât erlabt der iech?

KETTY. Maja, Joffer, ech hu jo selwer gehe'ert, we' se gleich gefrot huet, ob mer och Hêren als Pensionnairen hei hätten.

CLAIRE. Ketty, Ketty, hut der nês eppes opge-lauschtert? We' oft hun ech iech scho gesot, daß der iech dât dach ofgewinne sollt. Dir werd gesin, êren domme Virwötz spilt iech nach eng Ke'er en ellenen Tur.

KETTY. Oh, d'Joffer brauch keng Angscht ze hun. Wât ech haut he'eren, aß muer schon eröm vergieß. Zu dêm engen O'her eran, an zu dêm aneren nês eraus.

CLAIRE. Wann et alt net zu dênem zwê O'heren eran an zum Monn nês eraus gêt.

KETTY. Wât denkt d'Joffer da vu mir? Ech droen neischt weider. Meng Mamm huet mer nach gesot, ier ech an den Dëngscht gänge sin: Wât an engem Haus aß, dât le'ßt d'och dran. A we' ech er erzehlt hun, daß d'Joffer Klên ömmer eso' em den Her Becker scharwenzelt, du sot se: Wann et dên net aß, dann aß et alt en aneren. Jidder Döppche fündt sein Deckelchen, a wann en net paßt, da rabbelt en êben. Mä, elo kann dât mer

e sche'nen Theater hei gin, wann se zu zwê ufänken. . . .

CLAIRE. Ketty, ech verbidden iech ê fir alle Mol all Bemirkong iwer ons Gäscht.

### 7. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Rita.*

RITA. Claire, d'Madame Weber huet no dir gefrot.  
CLAIRE. 'T aß gutt, ech komme gleich. Ketty, ech hoffen, dir hutt mech verstan. Daß ech iech dât net nach eng Ke'er muß soen. (*Mam Rita of.*)

### 8. OPTRÖTT.

KETTY. 'T aß er dach net eso' gemënt. Sie muß jo hêmlech selwer lâchen iwer der Joffer Klên hirt Spillchen. Ömmer gepudert a geschminkt, all Dag en anert Klêd we' e Mêdche vun 20 Jahr. Dât aß Her Becker hei an Her Becker do. Dobei scharwenzelt s'em en an himlicht mat den Aen, daß et engem bal schlecht gött. Mä, do könnt se jo mat der Fräulein Lehmann. Ah, we' se d'Käpp zesumme strecken! Wât sollen se sech eso' interessantes z'erziehlen hun? Dât muß ech ower nach lauschteren.

### 9. OPTRÖTT.

*D'Fräulein Lehmann, d'Joffer Klên.*

Fräulein LEHMANN (*könnt mat der Joffer Klên iwert d'Bühn spase'ert*). Sie stand mir nun einmal im Wege und mußte verschwinden. Durch Vergiftung sterben, aber ohne Verdacht zu erregen, wissen Sie.

Joffer KLEN. Wie haben Sie das denn nur so schnell erreicht?

Fräulein LEHMANN. O, ich hatte mir einen ganz raffinierten Plan ausgeheckt. Vermittels eines schlichten Goldringes, der nach innen in einen schmalen Draht auslief, wurde die giftige Flüssigkeit durch einen einfachen Händedruck in das Blut der jungen Frau geleitet. Die tötliche Wirkung erfolgte erst nach einer halben Stunde, als das Opfer schon längst wieder allein war. (*D'Ketty mecht e ganzt erschreckt Gesicht an hält d'Hänn vrun de Mond, fir net hânt ze jeitzen.*) So konnte niemand die genaue Ursache dieses plötzlichen Todes feststellen, niemand ahnte, wer der Mörder gewesen.

Joffer KLEN. Wirklich, ein diabolischer Plan.

Fräulein LEHMANN. Ich möchte Sie aber dringend bitten, über das Gehörte zu schweigen, auch Herrn Becker gegenüber. Es wäre mir sehr peinlich, wenn hier jemand etwas erfahren würde, daß ich. . . (*Se gêt an de Salon.*)

Joffer KLEN (*rechts of*). Gnädiges Fräulein können auf mich zählen, ich werde schweigen wie das Grab.

## 10. OPTRÖTT.

KETTY (*an enger Oprêgong*). Ech ower net, du Neischnotz, du Zara, du De'f, du Märder, du . . . ah, ech fanne keng Wierder me'h. Mä, wiem soll ech et soen? Der Madame net, de' kritt ganz secher en Hierzkramp vun Oprêgong. An ons Joffere ge'we mer net glêwen, daß ech dât mat mengen êgenen O'here gehe'ert hätt. Dât schlecht Framönsch huet sech vill ze vill als fei Joffer aus gudder Familjen hei opgespillt. Mein Vater ist Großkaufmann, mein Bruder Ingenieur und mein Oheim Großgrundbesitzer. A wann hire Papp och zengmol Millionär

wär, hirer Strof entgêt se net, eso' secher we' ech d'Wonnesch Ketty sin. Mä, wât soll ech nömme mân, daß s'ons net derdurch gêt, ier d'Gendarmerie alarme'ert aß, a wo'me'glech nach vergößt, hir Rechnong ze bezuehlen. Dât wär grad de Kotteng. (*Hannert der Bühn he'ert ên d'Kanner sangen:*)

Malbrough dê gêt no Flandren,  
Iwer an eriwer an erom-pom-pom,  
Malbrough dê gêt no Flandren,  
:| A we'ni könnt hien eröm? |:

KETTY (*huet iwerdêm do gestan nozedenken*). Elo könnt mer eng gutt Idi. Oh, d'Ketty aß net eso' domm, we' et ausgeseit. (*Rechts of.*)

## 11. OPTRÖTT.

*D'Kanner, d'Ketty.*

(*D'Kanner lënks iwert d'Bühn, sie halen sech mat der Hand a sangen:*)

Hie könnt eröm em d'O'schteren,  
Iwer an eriwer an erom-pom-pom,  
Hie könnt eröm em d'O'schteren,  
:| Oder em Sankt Mechelsdag. |:

(*Dât Lescht kuckt nach op d'Ketty, dât iwerem Sangen erakönnt, dann all rechts of.*)

KETTY (*spêrt d'Dir hannert sech zo'*). Do, elo lêft se mer eso 'bal net fort. Sie sötzt dobannen drop laß ze schreiwen, we' wann se dovu bezuehlt wär, an huet emol net anuecht geholl, daß ech s'an de Salon agespârt hun. Wann s'elo gier eraus ke'm, kann se jeitze bis se hês gött. Ech hun d'Schlössele vun dênen zwo' Diren an der Täsch. An dêr Zeit kommen d'Gendarmen, an da spaze'ert meng Joffer Lehmann an de Kittchen. A Wônesch Ketty kritt eng Medaille, well hat hinnen dât gefe'erlecht Fra-

mönsch an d'Hänn gespillt huet. Eso' e schmocke Bändchen, we' den Her Burgermëschter ên a sengem Paltongsknaplach huet, ge'f mir och net schlecht stohn. An da soll de Schmatts Jängi emol soen, ech wär kên dichtegt Mëdchen. (*Wöllt fortgohn.*) Mä, do wär ower nach d'Fönster. Nujê, d'Luede si jo zo', da kann ech einstweile ro'heg sin. (*Lënks of.*)

## 12. OPTRÖTT.

*D'Madame Weber, d'Claire.*

Madame WEBER (*könnt mam CLAIRE eran*). Er Mama aß wirklech ze beneiden, daß sie hir Kanner all öm sech huet. (*Sie sötzen sech lënks bei en Dösch, d'Madame Weber strëckt oder hêkelt, d'Claire flëckt Strömp.*) Ech hätt ömmer eso' gier eng Duechter gehât, mä, dât Glëck wor mer net vergönnt. Zenter mengem Mann sengem Do'd sin ech bal ömmer eleng. Kuckt, Joffer Claire, un de Jongen huet eng Mamm net vill. Eso' bal sie an de Kollé'sch kommen, aß hire Programm eso' iwerlueden, daß keng Zeit me'h fir d'Mamm iwreg bleiwt. Gi se dann op d'Universite't, huet ên se nömmen an de Vakanzen dohêm. A kaum sin s'e puer Johr fierdeg mat Stode'eren, denken s'och schon drun, en êgent Hêm ze grönnen. An dann aß d'Mamm eröm ganz eleng.

CLAIRE. Oh, Madame Weber, un enger Duechter hätt der dât selwecht erlieuwe können. Haut, wo' och de jonge Mëdercher all Carrièren opstin, gin de' mëscht aner Wêen, we' de' vu fre'her gänge sin.

Madame WEBER. Ech hätt menger Duechter jiddenfalls keng akadêmesch Studien erlabt.

CLAIRE. A fir wât dann, wann ech froen dêrf?



Madame WEBER. Well ech guer net vun dêm Mo'd ageholl sin, d'jong Mêdercher op d'Universite't ze schëcken. Vun dêne mëschte gin de' he'ger Studien nômmen als eng Art Sport bedriwen, dên hinnen de Kapp verdre'ht an sie hirer urêgenster Bestömmong entze'ht. A wann s'och bis zum Enn aushâlen, an e Beruff ergreifen, wât huet d'Welt dobei gewonnen? Ons Zeit brauch dichteg Hausfraen a gutt Mammen, an net eso' vill weiblech Dokteren, Professeren oder Affekoten.

CLAIRE. Nun, ech mengen alt, dât ênt ge'f dât anert net ausschle'ßen.

Madame WEBER. 'T ka kên zwe'n Heren zugleich dëngen. A wo' d'Interesse vun der Fra gedêlt sin, aß et ömmer de Stod, dên drönnner leidt. Glêft mer es, Joffer Claire, 't aß scho vill Familjeglëck a Stëcker gâng, well ons intellektuell Fraen de richtige Sönn fir eng gerêgelt Haislechkêt an en intimt Familjeliewe verluer hun. D'Kichen an d'Kannerstuff, dât sin haut fir munech âlmo'desch Begröffer. A wo' an engem moderne Stod och nach ewell e Kand ugeholl gött, aß et mëschtens friemen Hänn iwerloß, fir daß d'Mamm hire Liebhabereie kann nogohn. Mä, Joffer Claire, ech hun iech elo so' mir neischt dir neischt a Beschlag geholl, o'hni ze froen, op der och Zeit hutt fir mer Gesellschaft ze lêschten. Ech halen iech dach secher net an êrer Arbecht op?

CLAIRE. Nën, nën, Madame Weber, wann et meng Woch net aß fir ze kachen, kann ech mer schon hei an do eng frei Stönnchen huelen. A schließlech muß dât hei och gemâcht gin. (*'T weist op seng Arbecht.*)

Madame WEBER. Da stit dir och alt an der Kichen, we' êr Schwesternen. Dât muß iech dach secher schwe'er falen.

CLAIRE. Firwât dann, Madame Weber? Eng Arbecht, de' mat Loscht a Le'ft gemâcht gött, fällt nie schwe'er. Oder mengt der vleicht, well ech e puer Semesteren Universite'tsstudien hannert mer hun, mißt ech d'Hausarbecht veruechten?

Madame WEBER. Leider aß dât hautdesdâgs bei ville vun onse Jofferen de Fall. Zönter daß sie d'Nues eso' de'f an d'Bicher strecken, a sech de' selwegt Rechter zo'moßen we' de' jong Leit, hu sie me'h he'ch Interessen we' Zopp ze kachen oder Strömp ze flücken.

CLAIRE. Dât hängt och vill vun der Erziehong of. Wo' eng Mamm selwer kê Stod fe'here kann, gött d'Duechter och gewe'nlech keng gutt Hausfra. Mir z. B. si scho fre'h gele'ert gin dohêm mat Hand ulêen. An de Vakanzen hât och all Woch en anert vun ons sein Dag fir ze kachen. Gewöß, am Ufank hun ech jo munech Zopp versalzt a munche Brot ubrenne loßt, daß onst âlt Marie oft d'Hänn um Kapp zesummegegloen huet. Mä, mein E'hergeiz wor nun eng Ke'er gestöpelt, an ech hätt mech net gin fir alles an der Welt net. No an no aß et dunn ömmer besser gâng, zur lescht krut ech Frêd domat, an haut ge'f ech et mat jidder Kächen ophuelen.

*(D'Kanner kommen eröm iwert d'Bühn, se sangen de' 5. Strof vum Malbrough.)*

Madame WEBER. Wât muß êr Mama fro'h sin, daß sie eso' eng gutt Höllef un hire Kanner huet.

CLAIRE. Jo, we' z'johrt de plötzlechen Ömschwonk bei ons kom aß, a mir ons kê Mêdche me'h hâle konnten, wor et alt e Glëck, daß mir drei am Stod eso' gutt Beschêd woßten. Well op ons arem Mama, de' öonner all dêne Katastrophen zesummegebrach wor, konnte mer dêmols guer net ziehlen.

13. OPTRÖTT.

*De' Viteg, d'Fräulein Lehmann, spe'der d'Germaine.*

Fräulein LEHMANN (*am Salon*). Nanu, was soll das heißen? (*Se rubbelt un der Dir.*)

Madame WEBER. A wât aß dât fir e Kome'di do-bannen?

CLAIRE (*gêt bei d'Fönster.*) 'T aß d'Fräulein Lehmann, sie lêft op an of we' e Le'w a sengem Käfeg. Wât soll hir da nömme geschitt sin?

Fräulein LEHMANN (*rubbelt un der zwêter Dir*). Donnerschlag noch einmal, wer hat mich denn hier eingeschlossen? Das geht doch über die Hutschnur. (*Se rubbelt we' verreckt.*) Öffnen! Öffnen!

CLAIRE (*probe'ert un der Dir*). D'Dir aß zo'gespart an 't stecht kê Schlüssel drop. Wât soll dât hêschen? (*'T rîfft.*) Fräulein Lehmann!

Fräulein LEHMANN (*bei der Fönster*). Endlich! Ah, Sie sind es, Fräulein Kläre. Wollen Sie die Güte haben und die Türe aufschließen. Man ist nämlich auf den Blödsinn verfallen, mich einzusperren. (*'T he'ert ên d'Kanner hannert der Bühn sangen.*)

CLAIRE. Vielleicht hat eines von den Kindern sich einen Scherz erlaubt und den Schlüssel zu sich gesteckt. Gedulden Sie sich einen Augenblick, Fräulein Lehmann, ich will gleich nachfragen. (*'T gêt bei d'Kulissen a rîfft.*) Germaine!

GERMAINE (*könnt eran*). Wât gelîfft, Joffer Claire. (*Am Fong stin d'Kanner ze lußen.*)

CLAIRE. Huet vleicht ê vun iech de Salon zo'spart?

GERMAINE. Nê, Joffer Claire, mä, we' mer elo e'nescht heidurch kom sin, huet d'Ketty de Schlüssel vun der Dir an d'Täsch gestach.

CLAIRE (*zur Madame Weber*). Wêß de Jomer, wât him nês durch de Kapp gângen aß. Wölls de vleicht bis an d'Kiche lafen, Germaine, an zum Ketty soen, 't soll gleich mat de Schlössele kommen.

GERMAINE Gewöß, Joffer Claire, ganz gier. (*Of.*)

#### 14. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Germaine.*

Fräulein LEHMANN. Nun, wirds bald, oder muß ich noch lange die Gefangene spielen?

CLAIRE. Noch einen Augenblick Geduld, man wird gleich den Schlüssel bringen.

Fräulein LEHMANN. Ach was, dieser Augenblick dauert mir zu lange. Fräulein Kläre, schließen Sie bitte die Laden auf, dann springe ich zum Fenster hinaus.

CLAIRE (*gêt bei d'Kulissen a mecht e Gest, we' wann et d'Luede ge'f opmân. Da rêcht et der Fräulein Lehmann de' zwo' Hänn. Sie sprängt vun engem Stull erof. Wo' et me'glech aß, op der Bühn eng Fönster ze hun, de' sech opmâche le'ßt sprängt se op der Bühn eraus*).

Fräulein LEHMANN. Endlich wieder in Freiheit! Es ist ein verdammt unangenehmes Gefühl, wenn man sich plötzlich von der Außenwelt abgeschnitten sieht.

CLAIRE. Ich bitte Sie um Entschuldigung, Fräulein Lehmann, unser Zimmermädchen hat aus Versehen das Lesezimmer abgeschlossen.

Fräulein LEHMANN. Paperlapa, nicht aus Versehen. Käti wollte mir gewiß einen Streich spielen. Aber ich werde es ihr schon heimzahlen, dem verrückten Frauenzimmer.

15. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Ketty.*

KETTY (*könnt außer Otem gelaf*). Joffer Claire, ech wollt. Oh, aß d'Fräulein Lehmann schon eraus?

CLAIRE. Dann hät dir se ower absichtlech agespart? Ketty, Ketty, dät hätt ech net vun iech erwart, fir eso' kannerech hätt ech iech net gehalten.

KETTY. Joffer Claire, dir wößt jo net, wät fir eng gefe'herlech Perso'n d'Fräulein Lehmann aß. De' gehe'ert an de Prisong.

CLAIRE. Mä, Ketty!

Fräulein LEHMANN. Was faseln Sie da, Sie Unglücksmensch? Ich, eine gefährliche Person! Und das wagen Sie mir zu sagen, mir, der berühmten Schriftstellerin Eleonore Lehmann.

KETTY. Alt ein wenig langsam, Fräulein. Klimmt nicht gleich auf das hohe Perd. Ich kann doch meine Glacéhandschuhe nicht antun, für mit Euch zu schwätzen.

CLAIRE. Ech verbidden iech. . . .

Fräulein LEHMANN. Lassen Sie nur, Fräulein Kläre, wir zwei werden schon miteinander fertig. Also, Käti, was soll dieser blödsinnige Quatsch? Heraus mit der Sprache, weshalb haben Sie mich in das Lesezimmer eingesperrt?

KETTY. Ihr habt ja eine Frau tot gemacht, da konnte ich Euch doch nicht laufen lassen.

Madame WEBER a CLAIRE. Mä, Ketty!

Fräulein LEHMANN. Ich, eine Mörderin! Aber, Menschenskind, wie kommen Sie auf diesen verrückten Gedanken? Hat denn die Sonne Ihnen das bißchen Gehirn verbrannt?

KETTY. Stellt Euch doch nicht so. Ich habe selbst gehört, wie Ihr Fräulein Klein erzählt habt, Ihr hättet eine reiche Frau vergiftet.

Fräulein LEHMANN. Jetzt geht mir ein Licht auf. Köstlich! Hat das dumme Ding die Mordszene, die ich Fräulein Klein aus meinem neuesten Roman geschildert habe, auf mich bezogen. (*Zum Claire.*) Ich bin nämlich Journalistin und Schriftstellerin von Beruf, und da ich hier incognito. . . .

CLAIRE. Aber, ich bitte Sie, Fräulein Lehmann, es bedarf keiner Entschuldigung. Ich habe keinen Augenblick daran gezweifelt, daß die ganze Sache auf einem Mißverständnis beruhen müßte. (*Zum Ketty.*) A mat iech schwätzen ech derno nach öonner ve'er Aen. Entschöllegt iech elo bei der Joffer Lehmann, a sitt fro'h, daß sie iech net an de Prisong fe'here le'ßt.

KETTY. Mä, Joffer Claire, we' konnt ech och denken, daß sie eng Geschichtemechesch wär. Un hirer Nues hun ech er et secher net ofgesin. (*Zum Fräulein Lehmann.*) Verzeiht mir, Fräulein Lehmann, es soll auch nicht mehr vorkommen. Und wenn Ihr noch einmal erzählt, Ihr hättet einen tot gemacht, will ich es auch gewiß nicht mehr glauben.

Fräulein LEHMANN. Schon gut, Käti, Schwamm drüber! Schließen Sie jetzt das Lesezimmer auf und machen Sie kein Gesicht, als ob Ihnen die Petersilie verhagelt wäre. (*D'Ketty spert op, dann of.*)

## 16. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Ketty.*

CLAIRE. Ich kann Ihnen nicht sagen, Fräulein, wie ich das Mißgeschick bedauere, das Ihnen in unserm Hause widerfahren ist. Aber gestehen Sie es nur,

Fräulein Lehmann, tragen Sie nicht zum Teil selbst Schuld an diesem Vorfall?

Fräulein LEHMANN. Ich, wieso denn?

CLAIRE. Nun, die ganze Unterredung mit Fräulein Klein haben Sie doch absichtlich in Szene gesetzt, um die sträfliche Neugierde unsers dienstbaren Geistes auf die Probe zu stellen.

Fräulein LEHMANN (*selbstgefälleg*). Hab ich auch, Fräulein Kläre. Das war übrigens nicht schwer zu erraten. Freilich ist sie leichter in die Falle gegangen, als ich geglaubt.

CLAIRE. Oh, ich gönne ihr diesen Hereinfall von ganzem Herzen. Vielleicht ist sie jetzt von ihrer üblen Gewohnheit, an den Türen zu horchen, ein für alle Mal kuriert. Aber wie wäre es, Fräulein Lehmann, wenn Sie diese ergötzliche Szene niederschreiben, und als kleines Feuilleton, betitelt: « Unter falschem Verdacht » in ihr Blatt einsenden würden. Das wäre mal ein sensationeller Ferienartikel.

Fräulein LEHMANN. Eine famose Idee, die ich gleich verwirklichen werde. Aus dem ersten Eindruck heraus will ich eine packende, geist- und witzsprühende Schilderung unsers kleinen Erlebnisses entwerfen, daß meine Leser noch lange von dieser Arbeit reden werden. Wirklich, Fräulein Kläre, Sie sind eine prächtige junge Dame, würdig der Freundschaft einer Eleonore Lehmann. (*Se röselt dem Claire d'Hänn, dann of.*)

### 17. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Fräulein Lehmann,  
spe'der d'Joffere Groos a Klein.*

Madame WEBER. Meng Komplimenten, Joffer Claire, dir sidd ower och alle Situatio'ne gewueß.

CLAIRE. Gutt, daß et glücklech eriwere aß, 't wor fame's brenzlech, 't hätt net vill gefêlt, da wär et e sche'ne Skandal gin.

Madame WEBER. Un iech aß en Diplomat verluer gâng. Ech hu mech hêmlech driwer gefrêt, we' der der Joffer Lehmann mat eso' vill Takt a Geschëck de' Tromp an d'Hand gespilt hutt.

CLAIRE. Jo, 't derf ê sech am Liewen nie aus der Fassong brênge loßen.

Madame WEBER. Dât aß eng Konscht, de' nach lâng net jidderê verstêt.

*(D'Joffere Groos a Klên kommen zesummen eran.)*

Joffer GROOS. Dât wor eng agréabel Surprise fir mech, iech hei ze treffen, Joffer Klên. Sitt dir scho lâng an der Pension de famille « Ömmerrfro'h »?

Joffer KLEN. Mur gin et drei Wochen. An ech ka soen, daß ê wirklech gutt hei opgehuewen aß. Sche' löfteg Zömmere, eng gutt birgerlech Kichen, e große Gart. . . .

Joffer GROOS. An eng interessant Heregesellschaft, we' ech gehe'ert hun. Dât aß ma foi, de' bescht Recommandatio'n fir en Hôtel. *(Si sötzen sech an de Fong. Während de' eng hart schwätzen, dêdegen de' aner matenên.)*

## 18. OPTRÖTT.

*De' Viteg, d'Maus, e Kand.*

MAUS *(fe'hert e klenkt Kand eran, dât kreischt).*  
Net kreische, Lili, elo gi mer gleich de be'se Kne' verbannen.

CLAIRE. A wât aß der da geschitt, meng Mod?

MAUS. D'Lili aß am Gart op de Kne' gefall.

CLAIRE *(hölt d'Lili op de Scho'ß an dréckt et widder sech).* Dêt et da vill we'h, mein Hierz-



chen? (*D'Kand wënkt a schluxt virun.*) Da loße mer emol de Bobo kucken. Mä, dât aß jo neischt, dofir derf eso' e gro'ßt Mëdchen net ze kreischen. Elo gi mer huerteg eng Ploschter drop mân, an da kanns d'eröm dorömmen sprangen, we' de' aner Könnercher. A wann onst Lili sech de Kne' sche' brav auswäsche le'ßt, da kucke mer derno zesummen e gro'ßegt Buch mat ville Biller dran. (*Et sötzt et erof.*) Da komm, meng Mod, a kreisch och net me'h. (*De' drei of.*)

Joffer KLEN. A mat wïem gött êre Cousin dann êgentlech bestuedt? D'zjohrt de Wanter soll hien eso' vill mat enger sche'ner, blonter Joffer gedantz hun. An deslâscht aß e per Arm mat enger anerer durch d'Gro'ßgâß kom. Wann ech mech net iren, hât de' brongro't Hor.

Joffer GROOS: Mä, dât aß seng blonde Cavalière vum leschte Wanter. Vun Nature war sie nâmlech brune, dunn huet se hirt Hor oxygéne'ert an no e puer Me'nt, we' se ders hellblond midd wor, aß se acajou gin. Oh, de' aß à la page.

### 19. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Madame Beautemps, spe'der d'Claire.*

Madame BEAUTEMPS (*könnt am Hutt eran, mat engem Journal an der Hand; sie mecht e Salut gé'nt de' aner a sötzt sech rechts*).

Madame WEBER. Vous allez faire une petite promenade, Madame Beautemps?

Madame BEAUTEMPS. Oui, Madame, mais en attendant mon mari qui est en train de nouer sa cravate, j'ai encore bien le temps de lire mon journal.

CLAIRE (*sötzt sech eröm niewend d'Madame Weber*). Do, elo wär dät gro'ßt Lêd nês eng Ke'er gestöllt.

Madame WEBER. Dir schêngt och fro'h mat de Kanner ze sin, Joffer Claire.

CLAIRE. Jo, Madame Weber, ech hât d'Kanner ömmer gier, an ech ka soen, daß ech onst Mausihallef gezillt hun.

Madame WEBER. Dât wonnert mech net, dir hutt wirklech vill Geschêck fir mat dêm klenge Vollêk ömzegohn. Dir werd spe'der schon eng gutt Mammgin, doun zweiwelen ech net.

CLAIRE. Merci fir d'Kompliment, Madame Weber, mä ech glêwe kaum, daß ech mech jê bestueden.

Madame WEBER. Dât wär ower schued, dir hutdach all Egeschaften fir e Mann glêcklech ze mân. Hut der da wirklech nach nie dru geduecht, eng Familjen ze grönnen, an der de' âl letzeburger Traditionen fortgeplantz gin?

CLAIRE. Wât fir e jongt Mêdchen hätt net emol de sche'nen Dram vu Le'ft a Glêck gedrêmt.

Madame WEBER. Wie sêt iech dann, daß dên Dram net geschwö Wirklechkêt gött? Dir sidd jonk, dir sidd le'f, dir sidd gebildt.

CLAIRE. Mä, ech sin ower net reich, an dodurch vu virerof derzo' condamnê'ert, mei Liewen als âl Joffer ze beschle'ßen.

Madame WEBER. Dir schêngt eng schlecht Mênong vun onse jonge Leit ze hun. Mengt dir dann, de Chiffer vun der Dott wär eleng ausschlaggebend bei hinnen?

CLAIRE. Oh, fre'her wor ech och der Mênong, d'Geldfro wär Niewesâch bei enger Mariage. Mä, d'Liewen huet mer huerteg meng Illusio'ne geholl. Wann ê we' ech d'Onglêck hât, vun haut op muer

sei Verme'gen ze verle'eren, geseit ên am beschten, daß d'Opmirksamkêt, de' d'jong Leit engem schenken, me'h der Dott we' der Perso'n gegollen huet.

## 20. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Fräulein Lehmann, zwo' Jofferen.*

Fräulein LEHMANN (*sötzt sech niewend d'Madame Beautemps*). Sie erlauben, gnädige Frau.

Madame BEAUTEMPS. Ik nik sprek dötsch.

Fräulein LEHMANN. O, pardong, che ne safais pas. Mais moi, che parle très bieng français.

Madame BEAUTEMPS. Heureusement, car je ne saurais me faire comprendre en allemand. Vous êtes sans doute institutrice, Madame?

Fräulein LEHMANN. Non, matame, che suis chournaliste.

Joffer GROOS (*huet mat der Joffer Klên gedêdegt*). Mä, dât aß jo scandaleux. An da gêt se dorömmen mat engem Air de Sainte-n'y-touche.

Joffer KLEN. Jo, dât sin de' all.

Madame WEBER (*zum Claire*). He'er der, Joffer Claire, do gött eng gekämmt, an dât no aller Herrlechkêt.

*(Zwo' Joffere kommen era mat enger Tennisket.)*

1. JOFFER. We' aß et, Madame Weber, git der derno e we'neg mat ons spaze'eren?

Madame WEBER. Wann d'Gesellschaft vun enger âler Fra iech net zevill langweileg aß. A wuer gêt d'Rês dann hin?

2. JOFFER. Bis no Weilerbâch. Eng gutt Stonn zu Fo'ß op enger sche'ner brêder Landstroß.

1. JOFFER. Dir könnt iech och uschle'ßen, Joffer Claire, wann et iech Plese'er mecht.

CLAIRE. Merci, dir Jofferen, haut hun ech keng Zeit, dann aß et fir eng aner Ke'er. Mä, wann d'Madame Weber iech beglêdt, da sit der jo genuch chaperone'ert.

2. JOFFER .Dât brauche mir jong Mêdercher haut net me'h. Mä, e Chaperon we' d'Madame Weber le'ßt ê sech nach gier gefallen. Sie aß nie Spillbrecher, lâcht a spâßt mat ons, we' wann se zu ons gehe'ere ge'f. Könne mer dann op iech ziehle, Madame?

Madame WEBER. Gewöß, Kanner, ech gi vun Hierze gier mat iech. 'T aß mer nie me'h wuehl, we' wann ech önnert der Jugend sin.

## 21. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Colette.*

COLETTE (*könnt era gelaf*). Bonjour, Mesdames. Maman, tu ne viens pas encore? On va partir.

Madame BEAUTEMPS. Enfin! Alors, au revoir, Mademoiselle, à tantôt.

Fräulein LEHMANN. Au plaisir te fous refoir, Matame. (*De' zwê of.*)

Joffer KLEN. Wât mengt der, Joffer Claire, wär et haut kê sche'nt Wieder fir eng Aufnahm ze mân? Dir hât jo versprach, ons emol eng Ke'er all zesummen ze fotografe'eren. A bis haut aß nach ömmer eppes anescht dotöschend kom.

Madame WEBER. Jo, ech hätt och scho lîng gier eng Foto vun hei gehât als Erönnerrong un de' sche'n Zeit, de' mer bei iech verbruecht hun. Mä, dir mußt ower onbedängt mat drop kommen, Joffer Claire.

CLAIRE. Da gin ech onst Rita ruffen, fir daß hat eng Aufnahm vun ons hölt. Mei Selbstknipser aß

nämlech kapott, an ech hât nach keng Gelegenhêt, fir mer en aneren ze kafen. (*Of.*)

(*An dêr Zeit aß d'Fräulein Lehmann bei d'Joffere Groos a Klên gâng an huet mat hinne geschwât.*)

Joffer GROOS. Was wird denn aufgeführt?

Fräulein LEHMANN. Griselinde, von Ihrem Landsmann Nikolaus Welter. Ich habe mir jedenfalls für morgen abend einen Platz reservieren lassen. Und Sie, Fräulein Klein, werden Sie auch hingehen?

Joffer KLEN. Ich muß mir die Sache noch überlegen. Wäre es wenigstens ein Lustspiel oder eine Tragödie. Aber eine Oper, in der die Menschen singend sterben, puh! das ist nicht gerade mein Geschmack.

## 22. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Rita, d'Claire, derno d'Kanner.*

RITA (*könnt mam Claire eran an huet e Fotoapparat an der Hand*). Da müssen de' Herrschaften ower e we'neg me'h zesummerékelen, fir daß mer e sche'nt Gruppebild kre'en. (*D'Kanner lûßen an de Kulissen.*) Kommt nömnen, Kanner, dir derft hei net ze fehlen. (*D'Kanner kommen eran, de' aner sin all opgestan, fir d'Fotellen anescht ze stellen.*)

Joffer GROOS. Wann der mir de ganzen Arrangement wöllt iwerloßen, könn der secher sin, daß et eng superbe Photographie gött. Ech kennen nämlech vill vum Art, an de Goût pour le Beau aß mer inné.

Joffer KLEN (*zur Fräulein Lehmann*). Hälst du dich nicht für ein großes Licht, die andern glauben's von selber nicht.

RITA. Mir aß et recht, arrange'ert dir alles êrem Idi no.

Joffer GROOS. Naturellement kritt d'Madame hei d'Place d'honneur an der Mött.  
(*D'Claire stêt beim Rita a stellt den Apparat op.*)

Madame WEBER. Da muß d'Joffer Claire ower niewend mech sötze kommen.

RITA (*zum Claire*). 'T aß wirklech opfälleg, we' d'Madame Weber dech iwerall auszechent.

CLAIRE. Pst! Ro'heg! Gewöß, Madame Weber, wann dât iech ka Plese'er mân. An d'Lili könnt op mei Scho'ß.

Joffer GROOS (*place'ert se: d'Fräulein Lehmann lënks bei d'Madame Weber, d'Joffer Klên hannendrun, an d'Mött vun dênen zwo' Jofferen*). Kanner, setzt dir iech virun de' e'scht Rei op de Buedem.  
(*D'Kanner setzen sech, d'Claire weist dem Rita we' et et sol mân, da setzt et sech rechts vun der Madame Weber.*)

CLAIRE. Da komm, Lili. (*Hölt et op de Scho'ß.*)

Joffer GROOS (*huet nach hei an do eppes arrange'ert, da stellt se sech zerëck an iwerkuckt d'ganz Sâch*). Do, ech mengen, eso' wär et gutt. (*Stellt sech niewent d'Claire.*)

Fräulein LEHMANN. Und nun, meine Herrschaften, bitte recht freundlich!

RITA. Nu paßt op, Kanner, a kuckt all heihin. Wann ech bis op drei geziehlt hun, könnt de

Villchen. Ent, zwê, drei. (*'T knipst.*) Merci, elo  
aß et scho geschitt. (*Sie stin all op.*)

1. JOFFER. A wann d'Foto gutt geroden aß, schêcke  
mer se an d'A-Z mat der Iwerschrôft: Wir sitzen  
so fröhlich beisammen und haben einander so lieb.  
Herzliche GrüÙe aus der Familienpension « Öm-  
merfro'h ».

Fräulein LEHMANN. Und fügen hinzu: « Kommet  
hierher und tuet desgleichen! »

*(De Vorhang fällt.)*

### III. AKT

*De Salon de lecture bei Bauesch. Lënks en Dammeschreiw dösch; e puer Fotellen, e Kanapê asw. Op engem klengen Dösch e Fonograf.*

#### 1. OPTRÖTT.

*D'Claire.*

CLAIRE (*sötzt beim Schreiw dösch a sorte'ert d'Korrespondenz*). Dât trefft sech jo gutt, daß grad haut eso 'vill Korrespondenz fir ons Gäscht ukom aß. Bei dêm schlechte Wieder wêß ê jo net me'h, wât fir en Zeitverdreiw ên hinne siche soll. Mä, eppes gêt mech ower Wonner. An dène fönnef Wochen, wo' d'Madame Weber hei aß, huet sie emol nach keng ênzeg Kârt, geschweigs dann e Bre'f vun hirem Fils kritt. Dât sche'nt mer nach ewell e glungenen Herchen se sin, dên sech gier vu senger Mamm verwinne le'ßt, o'hni dofir vill Rücksicht op sie ze huelen. Nujê, ênzeg Kanner gi mëschtens Egoisten, well se gewinnt sin, daß alles sech em sie dre'ht. — Ah, hei aß e Bre'f un d'Familjepensio'n « Ömmerfro'h ». Well en net perse'nlech un d'Mama adresse'ert aß, kann ech mer schon erlaben, en op ze mân. (*'T mecht en op a liest.*) Onsem Pol sei Frönd mellt sech mat senger Schwester fir 14 Dêg bei ons un. We'schued, daß mer de' le'f Gäscht net unhuele können. 'T aß momentan alles besat. — Do wär och e Bre'f fir d'Joffer Klên. Wât aß nömnen an de'



gefuhr? We' et sche'nt soll sie op kengem gudde Fo'ß mat der Joffer Groos stohen, well sie mengt, den Hêr Becker ge'f dêr me'h Geste mân we' hir. 'T aß wirklech e Misär mat eso' empfindlech Fraleit. De' können e ganzt Haus op d'Kopp dre'hen. — Hei eng Kârt un den Her Schreiner, an do — endlech e Bre'f fir d'Madame Weber. Mä we'? De' Schröft do kennen ech jo! Mei Gott, stin de' âl Erönnerongen eröm op aus hirem Graf? De' Adreß huet de Georges Müller jo geschriwen! A we' könnt hien un d'Madame Weber?

## 2. OPTRÖTT.

*D'Claire, d'Rita.*

RITA. A wât fehlt der, Clairchen? Firwât kucks de eso' entgêschtert op dê Bre'f? Wêß de vleicht vu wiem en aß?

CLAIRE. Vum Georges.

RITA. An dên huet sech önnnerstan un dech ze schreiwen? Mä, dên Typ huet Toupet.

CLAIRE. Ierger dech net, de Bre'f aß jo guer net fir mech.

RITA. Fir d'Mama dann?

CLAIRE. Nên, en aß un d'Madame Weber adresse'ert.

RITA. Clairchen, Clairchen, soll d'Glëck elo bei der uklappen? Ech hu mech schon oft gefrot, firwât d'Madame Weber all Gelêenhête mam Schlapp höllt, fir grad mat dir zesummen ze kommen. Mä, wann sie mam Georges Müller a Korrespondenz stêt, le'ßt sech villes erklären.

CLAIRE. Guer neischt le'ßt sech erklären. 'T aß de rengsten Zo'fall, daß d'Madame Weber de Georges a mech kennt. Doraus gleich e Roman ze

mân, kann och nömnen dir afalen. D'Liewe fündt net eso' huerteg eng glëcklech Le'song fir de' komplize'ert Situatio'nen we's du.

RITA. Papperlapapp! E'schtens bero'ht neischt an der Welt op engem puren Zo'fall, zwêtens schreiwet d'Liewen nach oft ganz aner Romanen we' dên elei. Ech hun der ömmer gesot, an ech bleiwen och derbei, du gês hei ganz secher engem neie Glëck entge'nt.

CLAIRE An ech bleiwen dobei, daß du en onverbesserlechen Optimist baß. We' oft muß ech der da widerhuelen, daß ech op de Ruine vun der Vergângenhêt kên neit Glëck opbaue kann.

RITA. Ech ge'f dech ower eso 'gier fro'h a glëcklech gesin.

CLAIRE. Mä, sin ech et da manner we' dir. Mir verstin ons dach gutt, hu völleg Beschäftegong, d'Mama liewt vun Dag zu Dag me'h op. Aß dât net all Ursâch, fir fro'h a glëcklech ze sin?

RITA. Du wêß ganz gutt, wât ech önnert dengem Glëck verstin.

CLAIRE. Pst! Rita, loß de' âl Geschichte ro'hen. Domat hun ech ê fir alle Mol ofgeschloß.

### 3. OPTRÖTT.

*De' Vireg; d'Madame Weber.*

Madame WEBER (*huet de' recht Hand verbonnen*).  
'T werd haut wuehl net me'h ophale mat Rênen. D'Kanner mân sech zwar kê schlecht Geblitt draus, sie spillen op der Terrasse mat derselwechter Loscht, we' wann d'Sonn iwer Bierg an Dall sche'nt. Mä, fir d'groß Leit aß eso' e verrênte Möttech scho me'h langweileg.

RITA. We 'gêt et dann elo mat êrer Hand, Madame Weber?

Madame WEBER. Oh, ech danken, 't aß scho bedeutend besser we' göscht. D'Kompressen mat Esseg-saurer Tonerd, de' d'Joffer Claire mer de muerge gemacht huet, hu mer wirklech gutt gedoen. Ech kann d'Fangeren zwar nach net richtig bewegen, mä d'Geschwill aß scho vill me'h niddergâng. 'T aß nömme schued, daß grad de' recht Hand invalid aß, soß könnt ech mer d'Zeit alt mat Strêcke verdreiwên.

CLAIRE. Hei aß e Bre'f fir iech, Madame Weber.

Madame WEBER. Ah, endlech! Merci, 't werd wuehl vu mengem Fils sin.

*(Hannert der Bühn.)*

Joffer GROOS. Ce n'est que la vérité qui blesse.

Joffer KLEN. Dât aß ower de Comble. Gewösse Leit könne mech iwerhapt net blesse'eren.

Madame WEBER. Elo sin de' zwê nês eng Ke'er hannerenên.

CLAIRE. Wann ech nömme wößt, we' mer dem Spillchen en Enn mâche könnten. Rita, wöls du vleicht de' Bre'f hei an d'Salle à manger droen, an se do op de' verschidden Döscher verdêlen.  
*(D'Rita of.)*

#### 4. OPTRÖTT.

*D'Claire, d'Madame Weber, d'Joffer Klên.*

Joffer KLEN. Dât kann ech mer net länger gefal-loßen, Joffer Claire. Ech si gewöß net empfindlech mä zevill aß zevill. Mengt de' agebild Perso'r vleicht, well sie sech emol eng Ke'er eng Vakan-gelêscht huet, könnt se sech alles erlaben. Sie wêl och net me'h, vu wo' daß se hir aß.

CLAIRE. Pardon, Joffer Klên, ech gin net klug aus ère Wieder. Vu wïem schwätz der dann ègentlech?

Joffer KLEN. Mä, vu wïem anescht we' vun der Joffer Groos. Dir wößt jo selwer, we' genti den Her Becker ömmer ge'nt mech wor. Mä, zenter daß sie hei am Haus aß, ignore'ert e mech oder e schwätzt nömnen dät Allerne'degst mat mir. An dät danken ech hir, hir ganz eleng. Wie wêß, wät fir Ligen sie him opgedöscht huet.

CLAIRE. Oh, Joffer Klên, ech mengen, do wär der op engem Irwê.

Joffer KLEN. Ganz a guer net, ech wêß, wät ech wêß. Iwregens aß et dènen aneren och schon opgefall, daß sie sicht, mech iwerall lächerlech ze mân. Sie huet eso' guer zur Madame Schreiner gesot, ech wär nömnen no Iechternach gâng, fir e'schter un e Mann ze kommen. Well zu Letzeburg ge'f dach kê mech me'h wöllen. 'T aß dach fir ze lachen. Wann ech nömme gewollt hätt, wär ech scho lâng bestuedt. De' bescht Partien hun ech refuse'ert, fir meng Freihêt net opzegin. Mä, dät hei soen ech iech, Joffer Claire, 't aß keng Plätz me'h hei fir ons zwê. Entweder sie oder ech. Elo könn der wiehlen.

CLAIRE. Mä, Joffer Klên, ech bieten iech. A wät fir eng pénibel Situatio'n brängt der ons do! Mir können e Gäscht, dê sech anständig behölt, dach net mir neischt dir neischt fortschëcken.

Joffer KLEN. An dät nennt dir sech anständig behuelen! Abê merci, dann hut der ower large Idien. Wie wöllt iwerall Streit mân, fir d'e'scht Rad um Won ze sin, wie stöpelt de' aner ge'nt mech op a sicht mech an hïren Aen erofzesetzen? Kên anere we' d'Joffer Groos. Ech hätt geduecht, Joffer Claire, dir ge'ft me'h Rücksicht op e Gäscht

huelen, dên d'Madame Reuter rekommande'ert huet, an elo scho fönnef Wochen an êrer Pensio'n aß.  
CLAIRE. D'Joffer Groos aß och durch d'Rekommandatio'n vun engem Bekannte bei ons kom. Wann ech si elo o'hni Grond fortschëcken, könnt dê sech blesse'ert fannen. A fir onst Haus wär et och keng gutt Reklam.

Joffer KLEN. 'T aß ower mei lescht Wuert, Joffer Claire, ech wöll an ech brauch mech net vun eso' enger dommer, agebilder Perso'n schikane'eren ze loßen.

Madame WEBER. Pardon, wann ech mech an eng Sâch möschen, de' mech am Fong absolut neischt ugêt. Mä, ech mengen, wann eng vun dêne Jofferen der aner Plätz muß mân, wär et jiddenfalls un dêr jengster fir sech zerëckzeze'hen. Den Alter huet iwerall d'Virrecht, an ech zweiwelen net drun, daß och den Her Becker de Sönn vun dêm sché'ne Gest verstêt.

Joffer KLEN. Dir hut Recht, Madame Weber, ech hât dât êgentlech net richtig iwerluecht, soß hätt ech der Madame Bauer gleich gesot, sie könnt iwer mein Zömmen verfügen. (Of.)

## 5. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Joffer Klên.*

Madame WEBER. 'T sollt mech wonneren, wann d'Joffer Klên net op den Trik erafale ge'f. Dir sidd dach secher net be's, daß ech eso' an êre klenge Streit agegraff sin.

CLAIRE. Am Gêgendêl, wann de' pénibel Sâch doch durch e glëcklecht Enn fündt, sin ech iech vun Hierzen dankbar. Vleicht kre'e mer elo de' zwo' Kummere frei, de' schon aner Gäscht bestallt hun.

Madame WEBER. Da meng der wirklech, d'Joffer Groos ke'm och nach froen, dir sollt d'Joffer Klên fortschëcken?

CLAIRE. Ech zweiwelen net drun. Dir werd gesin, Madame Weber, 't gêt net lîng zo', dann erliewe mer de' selwecht Szên in zweiter verbesserter Auflage.

## 6. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Madame Schreiner.*

Madame SCHREINER (*könnt eran, röselt den Hutt zur Dir aus a klappt sech de Mantel of*). We' dât rênt! 'T fällt, we' wann ên et ge'f mat Emeren erofschidden.

Madame WEBER. Hât ech iech net gesot, Madame Schreiner, dir sollt de Mötteg le'wer net spaze'ere gohn. Elo sit der dach vun engem Schluet erwösch gin an hut missen am halwe Wê ömke'eren.

Madame SCHREINER. Oh, mir hätt de Rên neischt ausgemâcht, mä mei Mann aß empfindlech we' d'Heren all. Hie wollt önnere kengen Ömstänn me'h weider gohn an huet et virgezun, an engem Café ze warden, bis daß et ophält mat Rênen.

CLAIRE. An dir sitt emol net matgâng, Madame Schreiner?

Madame SCHREINER. Oh, ech kann d'Wirtshausloft net verdron. Den Tubaksdamp schle't mer op d'Broscht an de Be'er op de Mo. Dofir sin ech le'wer eleng erömkom.

Madame WEBER. Da kann d'Zeit iech vleicht nach lîng gin, bis der êre Mann erömgessitt. Wann en alt fir d'Nuechtießen hei aß, könn der nach vu Glëck schwätzen.

Madame SCHREINER. Mä, wât denkt der, Madame Weber? Mei Mann aß net gewinnt fir vill ze drénken; me'h we' ên Humpe packt en net.

Madame WEBER. A vun dem Rescht sêt en iech neischt. Wann hien a Gesellschaft könnst, werd et him alt net anescht gohn we' dène mèschten Heren.

Madame SCHREINER. Oh, ech sin ower net eso' licht op d'A ze drécken, we 'de' mèschten Damen. Wât mengt der dann, Madame Weber, ech wêß dach ömmer genê, wivill Geld mei Mann an der Täsche huet. Folgech kann ech em licht norechnen, wât hien am Café verzieht. (*Of.*)

Madame WEBER. Gutt gedrillt aß den Her Schreiner, dât muß den Neid em loßen. Ech hätt mer dât emol missen erlaben.

CLAIRE. Wo' aß dann iwerhapt nach ê Mann, dêr sech dât gefale le'ßt? Bei ons wär et jiddenfalls net gâng. An d'Mama hätt emol net dru geduecht fir dem Papa an de Portefeuille ze kucken.

## 7. OPTRÖTT.

*D'Madame Weber, d'Claire, d'Joffer Groos.*

Joffer GROOS. Meng Nerven sin à bout, Madame moiselle Claire. Ech kann de' Intriguen vun de Joffer Klên net me'h supporte'eren. Ech sin nach nie mat Leit verke'hert, de' eso' we'neg Notion hu vu Politesse a savoir vivre we' sie. Le'nt dâ ongebilter Perso'n emol «Knigges Umgang mit Menschen». De' Lecture ge'f hir jiddenfalls me' profite'eren we' de' Briefsteller für Liebende, dâ sie op hirer Kummer leien huet.

CLAIRE. Meng le'f Joffer Groos, ons Gäscht schle'blech frei ze liesen, wât hinne gefällt.

Joffer GROOOS. 'T wor jo nömnen eng Blague, Mademoiselle Claire. Mais vu les circonstances aß et mer ower impossible, fir mat hir zesummen ze liewen. An ech wär iech ganz oblige'ert, wann der der Joffer Klên ze verstoe ge'ft, sie sollt sech eng aner Pension de famille sichen. Dât ka jo sans éclat gesche'hen.

CLAIRE. Mä, Joffer Groos, dir werd mer dach net zo'mudden, e Gâscht fortzeschëcken?

Joffer GROOOS. Firwât dann net, wann dên net raisonnabel genuch aß, fir Egaren op de' aner ze huelen. Ech froe mech iwerhapt, wât sie eso' irrite'ert huet. 'T fällt mer jo am Dram net an, fir hir den Her Becker ofspenstech ze mân. Pas le moins du monde. Mengt sie vleicht, ech hätt de' selwegt Arrière-pensée gehât we' sie, fir meng Vacances hei ze passe'eren. Mais dât soen ech iech, Mademoiselle Claire, wann d'Joffer Klên net fortgêt, sin ech force'ert, mei Séjour hei z'abrège'eren.

CLAIRE. Joffer Groos, ech bieten iech, dovun aß keng Ried. Wann ech ê vun iech zwê muß verle'eren, aß et selbstverständlech de' Jengst, de' dêr anerer Plätz mecht. Eso' aß et iwerall Usus, an durch de' Décisio'n ka kê sech blesse'ert fannen. Sitt der net och vu mengem Avis?

Joffer GROOOS (*huet sech e we'neg iwerluecht*). Dach, Mademoiselle Claire, dir hutt Recht, den Alter ze respekte'eren. (*Wöllt fort, lêft ower an der Dir mat der Madame Bauer zesummen.*) Pardon, Madame Bauer, wann ech iech fir eng Minute accapare'eren, mä ech ge'f gier e puer Wuert mat iech schwätzen. (*De' zwo' of.*)

CLAIRE. Wa mer elo net mat engem Coup de' zwê Plogëschter do laß gin, da wöll ech Pier hêschen. Dir hut mer wirklech eng gutt Tromp



an d'Hand gin fir an Zo'konft ähnlech Streidereien  
aus dem Wê ze gohn.

### 8. OPTRÖTT.

*D'Claire, d'Madame Weber, d'Madame Bauer.*

Madame BAUER. Wât soll dât nömnen hêschen?  
Claire, wêß du wât virgefall aß? Vru kaum 10  
Minutten huet d'Joffer Klên mer gesot, ech könnt  
iwer hirt Zömmer verfügen, an elo grad mellt  
d'Joffer Groos mer, sie ge'f scho muer fortgohn  
aplâtz de' aner Woch.

CLAIRE (*zur Madame Weber*). Dann hât ech mech  
also net verrechent.

Madame BAUER. 'T aß ower fatal, daß mer elo  
zwê Zömmer matenên eidel kre'en.

CLAIRE. Oh, de' si schon eröm besat, Mama.  
Onsem Pol sei Frënd könnt fir 14 Dêg mat senger  
Schwester bei ons. A wann de' Jofferen elo net  
ge'we fortgohn, hätte mer emol keng Plâtz fir  
sie gehât.

Madame BAUER. Dann aß d'Sâch jo an der Rei,  
an ech frêe mech schon op eso' le'f Gäscht. Mä  
't aß êgal, ech wößt ower gier, firwât de' zwê sech  
op êmol décide'ert hun, mat enaner fortzegohn.

CLAIRE. Mat enaner gin s'och net, he'chstens eng  
no der aner.

Madame BAUER. Ech gesin, du wêß Beschêd. Da  
so mer emol ,we' dât êgentlech gângen aß.

CLAIRE. Du hues dach secher enuecht geholl, daß  
d'Joffer Klên an d'Joffer Groos sech an der lescht  
net me'h verstanen hun. Haut muß nun eppes Be-  
sonnesches virgefall sin. Wât et wor, wêß ech net,  
a fir wât et gângen aß, wêß ech och net. Jidden-  
falls sin sie uerg hannerenê kom, an du huet eng

no dêr aner verlängt, mir sollen d'Konkurrenz fortschëcken.

Madame BAUER. Mä de' Joffere si gutt geroden, o'hni Ursâch könnte mer dât dach net mâchen.

CLAIRE. Dât hun ech der Joffer Klên och gesot, a well mer an dem Ponkt net konnten êneg gin, huet d'Madame Weber hir klor gemâcht, daß et un dêr Jëngster wär, fir sech zerëck ze ze'hen.

Madame BAUER. Firwât wöllt d'Joffer Groos da fortgohn?

CLAIRE. We' se sech iwer d'Joffer Klên bekloe ko'm, hun ech hir deselwegte Beschêd gin.

Madame WEBER. A well keng de Älst wollt sin, gi se schle'blech allen zwo' fort.

Madame BAUER. De' do aß ênzeg. Nujê, 't aß de' âl Geschicht, de' ömmer nei bleiwt. Mei Mann huet ömmer gesot, wann d'Dammen hiren Alter sollten ugin, hätten se eso' guer bei enger Konsultatio'n e puer Johr gelunn.

CLAIRE. An dofir huet de Papa och behâpt: Jidder Damm huet drei Alteren, dên se sêt, dên se schëngt an dên se nom Gebuertsschei wirklech huet.

Madame BAUER. Da kann ech jo elo eröm gohn. Ech sin ower fro'h, daß d'Sâch sech opgeklärt huet. Eso' wêß ech we'negstens, daß d'Jofferen soß keng Ursâch hâten, onzefridden ze sin.

Madame WEBER. An ech gin op meng Kummer, mei Bre'f liesen. Hei kommen ech jo dach net derzo'. (*De' zwo' of.*)

## 9. OPTRÖTT.

### *D'Claire eleng.*

CLAIRE. Wann ech nömme wößt, op de Bre'f wirklech vun der Madame Weber hirem Fils wär. Mä,

we' le'ßt et sech dann erklären, daß de Georges d'Adreß geschriwen huet? Sollen sie vleicht zesummen eng Rês gemâcht hun? Nujê, wât gêt et mech am Fong och un, we' de' ganz Sâch zesummen hânt. Clairchen, Clairchen, du hues d'Vergângenhêt ower nach net vergieß! Wann ech dann elo gleich dem Jean ge'f äntweren, hie könnt scho muer mat senger Schwester kommen, mir hätten zwo 'sche'n Zömmeren fir sie parat. (*'T sôtzt sech un de Schreiw dôsch a fânt un ze schreiw en. Iwerdêm könnt d'Madame Schreiner mat der Madame Lorang, de' me'h jonk aß, eran.*)

### 10. OPTRÖTT.

*D'Claire, d'Madame Schreiner, d'Madame Lorang.*

Madame SCHREINER. Um Buffet stong nach grade Savarin, dên ons vum Dessert iwreg bliwe wor. Du sot ech zu hir: Si le cœur vous en dit, an huer de Kichelchen he'flechkêtshalwer présente'ert. An denkt iech emol un, Madame Lorang, sie huet e jo geholl. A mei Mann hât sech schon eso' drop gefrêt fir owens. (*Sie setzen sech.*)

Madame LORANG. So', so'!

CLAIRE. We' aß dât da gâng, Madame Schreiner, daß dir ère Flocki net matbruecht hut?

Madame SCHREINER. Oh, de Flocki huelen ech ne'rens me'h mat. En aß ons jo iwerfuehr gin.

CLAIRE. Dât aß ower schued! 'T wor eso' e sche'ner Hond.

Madame SCHREINER. An eso' intelligent. Dir glêwt net, Joffer Claire, we' dên alles verstân huet. Wann ech zu mengem Mann gesot hun: Ech mengen, Pierre, 't wâr Zeit, daß de mam Flocki spaze'ere gês, aß den Hond scho ge'nt d'Dir gesprongen.

Mir hätte bal misse franse'sch zesumme schwätzen, fir daß en net alles soll verstohn. Sit dir och fro'h mat den De'eren, Madame?

Madame LORANG. Dir mech ste'eren? Nên, absolut net. Ech sin ömmer fro'h, wann ech Gesellschaft hun.

Madame SCHREINER. Nên, ech mengen, op der och fro'h mat de Be'schte wärt.

Madame LORANG. De' we'schte Pärd? Oh, ech kennen net vill vu Ve'hzucht.

Madame SCHREINER (*zum Claire*). 'T aß jo net me'gleich e Gespre'ch mat der Madame Lorang ze fe'eren. He'ert sie ömmer eso' schlecht?

CLAIRE. De' aner Dêg hun ech dât net eso' enuecht geholl. 'T werd wuehl mat dêm fichte Wieder zesummen hänken.

Madame SCHREINER (*jeitzt der Madame Lorang an d'O'her*). Sot emol, Madame Lorang, sit dir net vu Letzeburg?

Madame LORANG. Dach, ech wunnen um Lampertsbiërg.

Madame SCHREINER. Ech hu mer et geduecht. Dofir aß êrt Gesicht mer och gleich eso' bekannt virkommt. Dann aß êr Mamm och secher eng Joffer Kre'mer aus dem gro'ßen Ielewuersgeschäft zu Hollerech.

Madame LORANG. Nach ewell grad. Hut dir meng Mamm da kannt?

Madame SCHREINER. Jo, fre'her, we' sie nach e jongt Mêdche wor. Durno hu mer ons aus den Ae verluer. Mengem Papp senger Schwester hire Mann aß eso 'guer e klinge Cousin vun êrer Mamm hirem Papp. Da wäre mer jo nach Familje matenên.

CLAIRE (*fir sech*). Jo, vu siewe Scheierpuerten de leschten Dill.

Madame SCHREINER. Sot emol, Madame Lorang. wât aß êgentlech aus êrer Mattant Louise gin? Dât wor emol e sche'nt Mêdchen.

Madame LORANG. Fann der mei Klêdche sche'n? Ech hu mer et ower selwer gemâcht.

Madame SCHREINER (*fir sech*). 'T aß einfach schrecklech. 'T kann ên er emol keng drei Froe stellen, o'hni daß sie op zwo' verke'hert Äntwerte gött.

CLAIRE (*huet iwerdêm de Fonograf opgedre'ht; e spillt lues Musëk*).

Madame SCHREINER. Dât aß emol eng gutt Idi vun iech, Joffer Claire, ech he'ere fir mei Liewe gier sche' Musëk.

CLAIRE. Dann hut der och secher e Radio dohêm.

Madame SCHREINER. Nên, ower net. Ech hât ons ere'scht z'johrt e Fonograf gestêt, dofir wollte mer nach keng T. S. F. uschâfen. Denkt iech emol un, Joffer Claire, e Fonograf mat enger Dose Placken fir 250 Frang. Wor dât keng gutt Occasio'n?

CLAIRE. Ech mengen eso', Madame Schreiner, de' Chance huet net jidderên.

Madame SCHREINER. 'T sin zwar schon en etlech Placke geraßt, mä, wât wöll der hun, wann ên eso' guddekâf un eppes könnt, derf ên net zevill kriddelech sin. Mä, ech fannen, daß mei Mann nach ewell lâng ewech bleiwt. Ech gin emol aus kucken, ob hien nach net könnt. (*Of.*)

## 11. OPTRÖTT.

*De' Vireg, o'hni d'Madame Schreiner.*

CLAIRE (*fir sech*). Dên arme Mann, wât werd dên elo d'Lewitte gelies kre'en.

Madame LORANG. Ech wöllt jiddenfalls net a senger Plätz sin.

CLAIRE (*ganz verwonnert*). We', Madame Lorang, ech hu gemënt, dir . . . dir . . .

Madame LORANG. Ge'ft net gutt he'eren. Gelt, eso' wollt der jo soen? (*Se lächt.*) Dât hängt alt dovun of, zwar net vum fichte Wieder, Joffer Claire, mä vun de Leit, mat dênen ech schwätze muß.

CLAIRE. Nu kuck, we' raffine'ert! Dât hätt ech net hannert iech gesicht.

Madame LORANG. Wât wöllt der hun? 'T hölleft ên sech alt we' ê kann. 'T aß dach secher en onschöllege Spâß, mat e puer verke'ert Äntwerten e virwötzege Mönch ofzeschrecken, dên iech durch seng domm, indiskret Froen embête'ert.

CLAIRE. Oh, d'Madame Schreiner mengt et net eso' schlecht.

Madame LORANG. Dât mag jo scho sin. Mä ech loße mech ower le'wer net mat hir an e Gespre'ch an. Leit, de' eso' vill schwätzen, huelen et nie ganz genê mat der Wo'herecht an hun och gewe'nlech en dônner Mond. Ge'wen se we'negstens nômme virun erziehlen, wât e wirklech gesot huet, aplätz dênen aneren hir êge Wieder an de Mond ze lëen.

## 12. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Maus.*

MAUS (*könnt an d'Dir*). Clairchen, wölls de emol en Ablëck erauskommen.

CLAIRE. Wât aß da laß, Mausi?

MAUS (*könnt me'h no*). Mir wössen net me'h, wât mer spille sollen.

CLAIRE. Dir arem Kanner! Blinde Kuh, Himmel an Hell, Fuchs, du hast die Gans gestohlen, sur le pont d'Avignon. Dât sin dach Spiller genuch.

MAUS. Dêne si mer schon all midd.

CLAIRE. Da spillt emol Pänner ze gin oder e Portrait ze mân.

MAUS. We' gêt dât dann?

CLAIRE. Wêß du dât emol net? Da muß ech jo bal selwer kommen, fir iech et z'explize'eren. (*De' zwê of.*)

### 13. OPTRÖTT.

*D'Madame Lorang,  
d'Madame Schreiner, d'Joffer Klên.*

Madame SCHREINER (*mat der Joffer Klên*). Da wöllt der ons scho muer verloßen, Joffer Klên? Dât aß ower schued. (*Sie setzen sech un den Dösch vis-à-vis der Madame Lorang.*) A we' aß dât da gâng? Dir hât mer ower de muergen nach neischt dovu gesot.

Joffer KLEN. Dir wößt jo gutt, we' de' ganz Sâch mat der Joffer Groos kom aß, da muß der och verstoen, daß ech net länger mat hir zesumme bleiwe kann.

Madame SCHREINER. Dir sidd ower an êrem Recht, Joffer Klên, dofir aß et dach net un iech fir fortzegnohn.

Joffer KLEN. Ech sin ower de' Jëngst, an ech wöllt mer fir alles an der Welt net soe loßen, ech wößt net, wât ech dênen êlere Leit schölleg wär. (*Iwerdêm aß d'Joffer Groos erakomm a sötzt sech eso' niewend d'Madame Lorang, daß sie der Joffer Klên opfälleg de Rëck dre'ht.*)

14. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Joffer Groos.*

Madame LORANG. Gött d'Zeit iech och eso' läng, Joffer Groos? 'T wêß ê jo bal net me'h, wât ên an dem schlechte Wieder ufänke soll.

Joffer GROOS. Oh, Madame Lorang, wann ên eso' occupe'ert aß we' ech, denkt ên net drun fir sech z'ennuye'eren.

Madame LORANG. A wât hut der dann eso' dichteges geschafft. Sidd der vleicht mat enger neier Handarbecht am Gâng?

Joffer GROOS. Nên, dach net, ech hu meng Valiß gepâkt. Dât aß, ma foi, keng agréabel Occupatio'n, mais sie exige'ert ower vill Gedold a Geschëck.

Madame LORANG. Git der da scho fort? Ech hu gemënt, dir wöllt e ganze Mo'nt zu Iechternach passe'eren.

Joffer GROOS. Dât wor och effectivement meng Intention, we' ech an d'Pension de famille « Ömmerfro'h » kom sin. Mä, no all dêm, wât töschent der Joffer Klên a mir virgefall aß, sin ech force'ert, mei Séjour hei z'abrége'eren.

Madame LORANG. Ech gesin ower net a firwât.

Joffer GROOS. Mon Dieu, Madame Lorang, ech sin eso' eng sensibel Natur. Que voulez-vous? Ech kann nun net êmol impolie ge'nt eng âl Damm sin. An dofir hun ech mir gesot, ech als de' Jëngst vun ons zwê mißt eso' vill Esprit de Charité hun, fir der Joffer Klên de' Plätz ze loßen, de' sie à tout prix behapte wöllt.



15. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Madame Weber.*

Madame SCHREINER (zur Madame Weber, de' erakönnt an e Bo'n Bre'fpobeier mat enger Envelopp an der Hand huet). Hältt et nach ömmer net op mat Rênen, Madame Weber?

Madame WEBER. Dach, d'Wieder sche'nt sech gedre'ht ze hun. Den Himmel aß we' gewäscht, an d'Sonn wot sech schon e we'neg eraus.

Madame SCHREINER (zur Joffer Klên). Solle mer dann e klengen Tour öm de Stack mân, ir de Caf éserve'ert gött.

Joffer KLEN. Ech sin d'accord. (*De' zwê of.*)

Madame LORANG. Dir wöllt secher e Bre'f schreiwen, Madame Weber? Könnt der êr Hand da scho gebrauchen?

Madame WEBER. Mä nênen, d'Fangere sin nach eso' geschwollen, daß ech se net bewege kann.

Madame LORANG. Derf ech iech da vleicht hëllefen? Dir braucht mer jo nômmen ze dikte'eren, da schreiwen ech an êrer Plätz.

Madame WEBER. *Merci*, Madame Lorang, fir êr gutt Intentio'n, mä d'Joffer Claire (*dât könnt iwerdêm eran*) aß eso' genti mei Sekretär ze spillen.

Joffer GROOS (zur Madame Lorang). Da wär et vleicht besser, mir ge'wen eso' lãng op d'Terrasse gohn, fir net ze ste'eren. (*De' zwê of.*)

16. OPTRÖTT.

*D'Claire, d'Madame Weber.*

CLAIRE. Solle mer da gleich üfãnken, Madame Weber?

Madame WEBER. Jo, Joffer Claire, 't wär mer se'er le'f, wann de Bre'f haut nach an d'Post ke'm. Dir könnt vleicht fir d'e'scht d'Adreß schreiwen: An Herrn Georges Müller, Hôtel Winkelried.

CLAIRE (*erschreckt*). Georges Müller! Aß dât ère Fils?

Madame WEBER. Ah, dir wonnert iech, daß hien net deselwechte Numm dre't we' ech. Hât ech iech dann net gesot, daß ech zwêmol bestuedt wor? De Georges aß mei Fils aus dem e'schte Mariage.

CLAIRE. Ah so'!

Madame WEBER. Hie wor nach ganz kleng, we' sei Papp gestuerwen aß. An no e puer Johr huet e Frönd vu mengem Mann mech en Mariage gefrot. Eso' sin ech d'Madame Weber gin. Hut der scho geschriwen: Hôtel Winkelried?

CLAIRE. Jo, Madame Weber.

Madame WEBER. Stansstad am Vierwaldstättersee, Schweiz.

CLAIRE (*widerhuelte ömmer dât lescht Wuert*). Schweiz.

Madame WEBER. Da ke'me mer elo un de Bre'f. Mei le'we Jong!

CLAIRE. Schreiwt dir ömmer letzeburgesch, Madame Weber?

Madame WEBER. Jo, de Georges wöllt net hun. daß ech an enger friemer Sprôch mat him korresponde'ere soll. Hie mengt, 't wär net eso' hêmlech fir hien. Also: Mei le'we Jong! Ech kann der net soen —

CLAIRE. Net soen.

Madame WEBER. — we' glëcklech dei Bre'f mech gemacht huet. —

CLAIRE. Gemâcht huet.

Madame WEBER. — Endlech soll ech eng Duechter kre'en, —

CLAIRE (*mat change'ertes Stömm*). Duechter kre'en.

Madame WEBER. — we' ech mer s'ömmmer gewünscht hun. —

CLAIRE. Gewünscht hun.

Madame WEBER. — Mat Ongedold erwarden ech d'Stonn' —

CLAIRE. De' Stonn.

Madame WEBER. — wo' ech dât Mëdchen, dëm dein Hierz gehe'ert, —

CLAIRE (*mat erstëckter Stömm*). Hierz gehe'ert.

Madame WEBER. — als meng zo'könfteg Schnauer begre'ße kann. —

CLAIRE. Begre'ße kann. (*'T steipt de Kapp an d'Hand.*)

Madame WEBER (*sprängt op*). Mä, wât fehlt iech, Joffer Claire, dir sidd ganz blêch an êr Stömm ziddert?

CLAIRE. 'T aß neischt, Madame Weber, nömme e klenge Schwindel. (*'T stët op.*) 'T aß eso' dompech heibannen. (*'T gët bis bei d'Fönster a mecht se op.*)

Madame WEBER. Hut der dât schon oft gespirt, Joffer Claire? 'T könnt vleicht vum Hierz.

CLAIRE (*stët bei der oppener Fönster, mat engem hallef trauregen, hallef batteren To'n an der Stömm*). Jo, 't könnt och vum Hierz.

Madame WEBER (*fir sech*). Ech hu mech also net geirt, 't huet de Georges nach net vergieß. (*D'Claire huet sech eröm gesat.*) Wann et iech nach net besser aß, Joffer Claire, da könne mer jo muer de Rescht schreiwen.

- CLAIRE. 'T aß schon eriwer, Madame Weber, ech si me'h stârk we' eso'.
- Madame WEBER. Wo' wore mer stoe bliwen?
- CLAIRE. Als zo'könfteg Schnauer begre'ße kann.
- Madame WEBER. — Eng Mamm sicht nömnen d'Glück vun hire Kanner. —
- CLAIRE. Hire Kanner.
- Madame WEBER. — Dofir hât ech der dêmols gesot, —
- CLAIRE. Gesot.
- Madame WEBER. — e stode'ert Mêdchen aß keng Fra fir dech. —
- CLAIRE. Fir dech.
- Madame WEBER. — Mä, de' fönnef Wochen an desem Haus. —
- CLAIRE. Desem Haus.
- Madame WEBER. — hu mer eng aner Mênong —
- CLAIRE. Aner Mênong.
- Madame WEBER. — vun onser intellektueller, weiblicher Jugend gin. —
- CLAIRE. Jugend gin.
- Madame WEBER. Haut gesin ech an, —
- CLAIRE. An.
- Madame WEBER. — we' recht daß de has fir ze soen, —
- CLAIRE. Ze soen.
- Madame WEBER. — du könns kê bessere Liewenskomerod —
- CLAIRE (*me'h traureg*). Liewenskomerod.
- Madame WEBER. — a keng me'h le'f Fra fannen, —
- CLAIRE. Fannen.
- Madame WEBER. — we' d'Claire Bauer. —

CLAIRE (*aß opgesprongen*). Wât soll dât hêschen, Madame Weber?

Madame WEBER (*drëckt d'Claire eröm op sei Stull zerëck*). E Sekretär huet ze schreiwen, wât hien dikte'ert kritt, och, wann e munches net dovou verstêt.

CLAIRE. Da regrette'eren ech, daß ech mir de' Charge iwerhapt ugeholl hun.

Madame WEBER. Wien A sêt, muß och B soen. Mir sin iwregens elo gleich fierdeg. Wöllt der eso' genti sin virun ze schreiwen. — Wann d'Claire nach de'selwecht Gefiller —

CLAIRE (*röselt de Kapp*). Gefiller.

Madame WEBER. — fir dech huet, we' vrun ânerhallef Johr. —

CLAIRE. Johr.

Madame WEBER. — kann et jo e puert Wuert hannert dese Bre'f schreiwen, —

CLAIRE. Schreiwen.

Madame WEBER. — an da sin haut drei glëcklech Leit —

CLAIRE. Leit.

Madame WEBER. — me'h op der Welt. Deng Mamm.

CLAIRE. Deng Mamm. Do, elo wär ech fierdeg. Wöllt der mer elo vleicht soe, Madame Weber, wât dât Kome'dispill do ze bedeiten huet?

Madame WEBER. Nennt dir dât e Kome'dispill, wann eng Mamm d'Glëck vun hirem ênzege Kand an êr Hänn lêt?

CLAIRE. Lo'g et dann net vun Ufank un a mengen Hänn? Wât fir engem glëcklechen Ömstand kann ech et dann zo'schreiwen, daß êre Fils sech op êmol eröm u mech erönnert?

Madame WEBER. Net op êmol, Joffer Claire. Sein Hierz huet iech nach ômmer gehe'ert. A wann e bis elo gewart huet, fir iech et ze soen, wor dât eleng meng Schold.

CLAIRE. Er Schold, Madame Weber?

Madame WEBER. Jo, de Georges hât nie e Geheimnis vru mir. Eso' woßt ech och scho vun êrer Bekanntschaft, we' se nach am Ufanksstadium wor, an ech hun em och gleich dovun ofgeroden.

CLAIRE. We' konnt dir da ge'nt mech ageholl sin, o'hni mech emol ze kennen.

Madame WEBER. Dir wößt jo, wât fir eng schlecht Mênong ech vun de Stodentinnen am allgemengen hât. Mâ de Georges wor nun êmol net vu senger Idi ofzebrëngen. A we' du de' Katastrophe bei iech ageatratt aß, entschöllegt, daß ech doru re'eren, wollt hien iech gleich en Mariage froen. Wa mer ons och net bestuede können, bis ech étable'ert sin, soll d'Claire ower we'negstens wössen, daß et op meng Le'ft ziehle kann.

CLAIRE. Hât ech nômnen eng Ahnong dovu gehât, wivill Léd wär mer erspuert bliwen! Mâ, wât hut der êrem Georges op de' Propositio'n geäntwert?

Madame WEBER. Nômnen neischt iwereilen! Dir sidd nach vill z ejonk fir ze wössen, op êr Charakteren och zesumme passen. Loß de' Joffer einstweile ro'heg hêngohn, a verspriech mer, net mat hir ze korresponde'eren, bis du deng Studie fierdeg hues. Wât kann eso' eng kleng Trennong iech schueden? Eng Le'ft, de' e ganzt Liewen dauere soll, werd dach net an e puer Jahr scho stierwen.

CLAIRE (*stêt op*). Da verstinn ech och elo de kalen, gezwongenen To'n vu sengem leschte Bre'f. An ech hât gemênt, hie wöllt mat mer briechen, a ge'f de Kurasch net fannen, fir mer et rîcht eraus ze

soen. Mä, firwât hut der dem Georges dann eso' e Versprieche ofgeholl?

Madame WEBER. Ech wollt Zeit gewannen, iech kennen ze le'eren. Kuckt, Joffer Claire, am Onglück, do weist sech ere'scht de Wert vum Mönsch. De' eng Leit zerbruechen am Lêd, de' aner gi verbattert an onzefridden, aus dêne we'negsten ower mecht et e große, stârke Charakter. Dofir wollt ech ofwarden, fir ze gesin, we' der iech an de' nei Verhältnesser fanne ge'ft. Eng Mamm huet dach gier eng gewösse Garantie, op hire Jong an der Mariage och dât Glöck fündt, vun dêm en ömmer gedrêmt huet.

CLAIRE. Da begreifen ech och, firwât daß der drop gehalten hutt, grad bei ons a Pensio'n ze kommen.

Madame WEBER. Hätt ech dann eng besser Gelegenhet gehât, iech kennen ze le'eren, êre Charakter ze stode'eren, we' an êrem êgenen Haus? Do, elo wößt der alles. Könnt der enger Mamm verzeihen, de', fir d'Glöck vun hirem ênzege Kand secher ze stellen, eso' an êrt Liewen agegraff huet?

CLAIRE (*sötzt sech eröm*). Dir wollt jo nömme sei Bescht, wann der iech och vleicht an de Möttele ge-irt hutt. Mä, wo'ßt de Georges da vun Ufank un, daß der bei ons am Haus wärt?

Madame WEBER. Nên, ech hât em nömme geschriwen, ech wâr fir e puer Wochen an der Familjepensio'n « Ömmerfro'h » zu Iechternach aquarte'ert. De' ne'deg Explikatio'nen hun ech em ere'scht gin, we' ech em d'Foto vun hei geschéckt hun. A wât gedenkt der dem Georges elo ze äntweren?

CLAIRE. Wann ech mengem Stolz nolauschtere wöllt, ge'f ech em iwerhâpt net schreiwen.

Madame WEBER. De Stolz aß ömmer e schlechte Conseiller. A wann der êrt Hierz frot?

CLAIRE. Da muß ech soen, we' et am Lidd hêscht:  
Ich hab' dich geliebet und lieb' dich noch heut.  
Und werde dich lieben in Ewigkeit.

Madame WEBER (*kôßt d'Claire, dât lêt de Kapp  
widder hir Schôller*). Mei le'ft, le'ft Kand, merci  
fir dât Wuert.

### 18. OPTRÖTT.

*De' Vireg, d'Rita.*

RITA (*aß iwerdêm erakomm*). Oh, pardon, loßt iech  
net ste'eren.

CLAIRE. Komm nômme, Rita, ech hun d'E'her an  
d'Plese'er, der meng zo'könfteg Schwe'ermamm vir-  
zestellen.

RITA. So emol, Claire, soll dât vleicht e Vexierbild  
aus dem Letzeburger Marienkalenner sin, wo'  
drônner stêt: Schwiegermutter und Schwiegertochter  
sitzen friedlich beisammen. Wo aber ist der Bräu-  
tigam?

CLAIRE. Du Neischnotz do, dên aß momentan an  
der Schweiz, hêscht Georges Müller, aß der Ma-  
dame Weber hire Fils aus der e'schter Mariage,  
a sie huet mech hei an der Haushaltong examine'-  
ert. Dât aß an e puer Wuert mei ganze Roman.

RITA. A we' huet onsen Heiratskandidat da sein  
Exame bestân? (*D'Claire schreiwet.*)

Madame WEBER. Mat gro'ßer Auszêchnong a Féli-  
citations du jury.

RITA. Ech verstinn ower nach net, we' dê sche'ne  
Roman eso' huerteg zu engem happy end kom aß.

CLAIRE. D'Haptsâch aß emol, daß ech et verstin.

Madame WEBER. A fir all näher Explikatio'nen stin  
ech gier zur Verfügung. (*D'Claire gött er de Bre'f*)



ze *liesen.*) Komm, Georges, ech erwarden dech mat Ongedold. Ech hun dech nach ömmer net vergieß. Erschreck net, daß ech de Bre'f ganz geschriwen hun. Deng Mama aß vun enger Mustik gestach gin a konnt et dofir net selwer mân. Claire. Do-un erkennen ech dei gutt Hierz, mei le'ft Kand. Elo gin ech de Bre'f gleich an d'Post dron. Oder mengs de, ech mißt deng Mama fir d'e'scht froen, op sie hirt Kand mengem Jong uvertraue wöllt?  
RITA. Sie aß scho fro'h, wann sie senger laß gött. Mir sin nach zu genuch am Haus, fir se ze pëngegen. (*D'Madame Weber of.*)

18. OPTRÖTT.

*D'Claire, d'Rita.*

CLAIRE. Ech sin eso' glëcklech, Rita, ech könnt d'ganz Welt emärbelen.

RITA. Wart le'wer, bis de beim Georges ufänke kanns. Wien hât nu recht, Claire, du oder ech?

CLAIRE. Du, Rita, du has recht, dausent Mol recht fir ze soen, d'Glëck ke'm oft, wann ên sech et am mansten erwart. Bei mech aß et kom, grad an dem Ablëck, we' ech gemengt hun, ech mißt em fir ömmer entsoen.

RITA. Da wär also elo ên Efalt me'h op der Welt. Du wêß jo: Glück hat nur der Dumme, der Kluge wird niemals das Glück erreichen. Denn das Glück ist ein Rindvieh und sucht seinesgleichen.

(*Enn vum Stëck.*)